

# eis sprooch


erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

WAT DRAN AS:

NEI FOLLEG  
XXVII. JOR/1989

Nr. 25

m. h.:	
E Merci aus Bronz...	1
R. Kartheiser:	
Et as esou banal	
De Kiirchhinnchen	2
Tom Thies:	
Dem Käscr Charel IV. säin Dram	3
Jhemp:	
Téléfonitis	10
<hr/>	
THEATER	
Jos Hurt:	
Gët et haut nach Theater	11
...:	
Theaternotizen	14
Jhemp Biver:	
Theater, Theater	15
II. Rinnen:	
Theatersaison 1987/88	18
Marc Herrman:	
Theater-Katalog	21
<hr/>	
Elly Schmit-Weber:	
Wéi schéi fir mech	28
Gil Mandy:	
Et soll een n�t ze vill schnékeg sin	29
<hr/>	
R. Siuda:	
Klengegketen	29
Jeannot Scholer:	
D'Wichtelcher von Diddeléng	30
Tom Thies:	
Dem Rippches Pir säin Noper	32
II. Rinnen:	
Notizen	38
Vic. Robert:	
D'Mimmche waart	41
M. Lamy:	
Rapport vun der Generalversammlung	42
Vic. Robert:	
Gebiet vun enger Fra	45
Ren� Kartheiser:	
D'Owesson	45
....:	
Nei Bicher	46
Zeechnungen:	
Roger Wolfahrt	10, 37



150 Joër Lëtzebuerger Onofhängegkät

# E Merci aus Bronz fir 20 Leit, déi Couren op lëtzebuergesch halen

(Foto: Jean Welter)



Et war de 24. November 1988, wéi eng 20 Leit, déi schon zénter Jore Couren an eiser Sprooch halen, zesumme mat de Comitésmembere vun der «Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch» an d'Taverne «Welle Mann» an d'Stad komm waren, fir eng bronze Plaque mat de Kapp-häre vun eiser Sprooch, dem Dicks, dem Lentz an dem Rodange drop, iwverreecht ze kréien. Dés Coure gi vum Erzéitungministère an Zesummenarbecht mat der «Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch» organiséiert.

«Dés kleng l'eier as geduechr, fir lech merci ze soe fir déi vill Méi, déi der lech gitt, fir d'Auslännner lëtzebuergesch ze léieren», sot de President vun der Actioun Lëtzebuergesch Henri Rinnen. Genee zénter 1976 géif en dës Couren organiséiert gin, as hie weidergesuer. Am Ufank wär et den Här Lucien Ludwig gewiescht, deen

sech drëm gekëmmert hätt, an du hätt de President vun der «Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch» Lex Roth déi Aarbecht iwverholl.

E ganz besonnesche Merci huet den Henri Rinnen dem Här Jos Hargarten vun Esch-Uelzecht ausgesprach. Hie leescht fir de Moment ganz vill Aarbecht, wann et heescht, des Couren organiséieren. «An dene leschte Joren huet d'Lëtzebuergesch en Opschwong erliefi, deen et bis elo ni hat. Eis Sprooch as kee Stéfkand méi. Et get och e bessert Lëtzebuergesch geschriwwen wéi soss. Wou et awer a leschter Zäit ellen happen, as mam Schwätzen an elei muss jidderec sech e bësse Méi gin», huet den Heng Rinnen gemengt, éier hien nach eng Kéier op déi Leit ze schwätze koum, déi Couren halen.

«En, dee lëtzebuergesch léiere wëllt, kritt duerch lech d'Geleënheet. D'Buch: 'Kommt, mir léiere Lëtzebuergesch', dat vum Lex Roth a vum Monique Marson zesummegestellt gouf, leescht dobäi gutt Dingschter. Et sin och an der Tëschenzäit eng Parti Dictionnairen erauskomm», sot de President zum Schluss, éier d'Plaquetten iwverreecht goufen.

Et waren d'Dammen Irène Flammang vun Diddeléng, Maggy Flammang vun Diddeléng, Cathy Geisen vu Luerenzweiler, Monique Marson aus der Stad, Chantal Mart aus der Stad, Karin Stoffel vun Heeschdréf, Milly Tasch vu Bartréng an d'Hären Norbert Carl vu Schéffléng, Guy Diderich vu Garnech, Jean Diderich vun Déifferdang, Jean Even vun Iernster, Jean-Paul François vun Zolwer, Gilbert Franzen aus der Stad, Tun Gonner vun Dikrech, Jos Hargarten vun Esch-Uelzecht, Jos Huet vu Biissen, Lucien Morbach aus der Stad, Jean Seil vun Esch-Uelzecht, Pierre Stanzeleit aus der Stad,

Nico Weber vun Zolwer an Norbert Zeches vun Helsem, déi eng bronze Plaquette iwverreecht kruten.

Den Här Henri Hostert huet bei déser klenger Feierstonn den Erzéiungsminister Fernand Boden vertrueden. Am Numm vum Minister huet den Här Hostert all dene Leit, déi géiert goufen, felicitéiert. Hien huet och der «Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch» merci gesot fir all déi selleche gutt Dingschter, déi si fir eis Sprooch leescht.

Zénter 1971 hätt des Actioun näischt anescht gemaach, wéi sech fir eis Sprooch bei eis an am Ausland anzesetzen. Dofir wëllt si op kengem Fall mat denen Organisatiounen, déi géint d'Ausländer sin, an een Dëppé gehäit gin, sot de Vizepresident Lex Roth bei däer Geleënheet.

Für d'Feierstonn ofzeschléissen, gouf e gudle Pättchen zerwéiert, deen d'A.I. spendéiert huet.

*m.b.*

## Et as esou banal

Wéi s'an den Alter koumen, wou se Coke aplaz Mällech gedronk hun, do warc séng Frënn an hien iwverzeegt si kënnte munches op der Welt besser maachen;

wéi se bis ugefaang hu Béier a Wäin ze drénken aplaz Coke hu se – ob s'et wollten oder nüt – missen zougin, datt d'Liewen se lues a lues op dat alldeeglecht Glics gekéiert hat ...;

wéi se gemengt hun si hätten et zu eppes bruecht – si wiren Hären – hu se sech mat mi deiere Saachen agelooss: Cognac, Burgunder, Schampes a wat weess ech soss nach, stungen um Programm ...;

Haut drénke se: Téi fir de Mo,  
Téi fir d'Nerven  
Téi fir d'Nieren ...

a se si frou an zefritten, well scho méi ewéi ee vun hire Frënn brauch keen Téi méi.

*René Kariheiser*

## De Kiirchhinnchen

De Blérz hat dem Kiirchhinnchen eng gehéicreg gewéirscht, mée e war nüt ganz afgebrach; d'ennescht d'iewescht hung e laanscht d'Kräiz vu wou en eis soss – voller Houfert – gesot huet wouhir de Wand géif blosen. All di Joren hat e sech ni laanscht d'Aarbecht gedréckt. Elo hu mir eréischt an Uecht geholl wat fir eng wichteg Roll en am Duerf gespillt huet.

An duerfir hu mir et als Schmot ugschin, datt en esou huet missen dohänken.

Wéi d'Kadette vun der Sprétz mat der grousser Leder ugeréckt sin, fir en eraf ze huelen, hu mir all voll Freed a Begeeschterung an d'Hann geklappt a Bravo geruff.

Mir wossten, datt d'Zäit – ouni Kiirchhinnchen – geschwénn némme méi eng béis Erënnerung wir.

*René Kariheiser*

Tom Thies

## Dem Käser Charel IV. säin Dram

Nodeem dem Jhang, Kinnek vu Béimen, a sénge Fra, dem Elisabeth, déi zwou Prinzessine Margeretha a Jutta gebuer gi woren, as 1316 de Fils Wenzel gebuer gin.

De Kinnek Jhang wor zéng Joér méi jonk wéi séng Fra an et kann ee báim beschte Wéllen nüt soen hire Stot wär glécklech gewiescht. Schons beim Däfe vum klenge Prénz goungen d'Streidereien un. D'Elisabeth wollt dc Jéngelchen zu engem Kinnek vu Béimen erzéie loosse, de Kinnek Jhang ower wollt en däitsche Fiirscht aus em man.

Wéi do de Jhang zu Létzebuerg wor, huet d'Elisabeth d'Initiativ ergraff an as vu Buerg zu Buerg gereest, fir d'Chevaliën an déi Geeschtlech Häre géint de Kinnek opzestéppelen, en ofzesetzen, an die klenge Wenzel zum Kinnek ausrussen ze loossen. De Kinnek Jhang koum nach zer Zait no Prag fir dee Komplott ze ennerbannen. Wann en och an Zoukonft mat sénge Fra, déi en hannergaang hat, zesummegelieft huet, sou huet e sech dach béis geräch: en huet der Mamm de Bouf ewech geholl.

D'Elisabeth mat séngcn Duechrere Margaretha a Jutta sin um Schlass vu Melmik bliwwen, mä dem Heinrich von Leipa as ordonnéiert gin d'Kand Wenzel vu sénge Mamm ze trennen. De Kinnek Jhang hat grouss Plangen, nüt némme mat séngem Fils. De Wenzel sollt mat Zait an d'Frankräich, op Paräis, un den Haaff vum Jhang sénge Sëschter, Maria, déi de Kinnek Charel IV. (de Schéinen 1294-1328, Kinnek säit 1322) bestued hat, fir do zu engem perfekte Chevalier erzun ze gin. Wéi sc zu Paräis agezu sin, huet de Wenzel sech nüt némmen e bésschen iwwert d'Gréisst an den Houfert vun deer Stad verwonnert.

Schons deen Dag drop as de Wenzel mat séngem Ausbilder, Jean de Cara, an dat klengt Schlass «Manoir les Bruyères» bei Paräis iwwer geplènnert, dat de franséische Kinnek Charel



König Johann von Böhmen, Karls Vater

em hat ariichre gelooss. Awer nüt némmen dat: am Stall stungen zwéi brabanter Hengschter an e puer aragonesch Jueghonn, fir dem Wenzel d'Zait ze verdreiwen, wann e sollt d'Ilemm an d'Vellaangere kréien. De Wenzel huet ower gutt geléicrt, wousst sech bal op Latäin, Franséisch, Däitsch an Italienesch auszedrécken, huet sech mat der Mathematik beschäftegt, huet déi ritterlech Spiller, wéi Fechten a Bouschéisse versicht. Owens huet e Magistrat em d'Geschichtr vun de Länner Létzebuerg, Béimen, Däitschland a Frankräich verzielt, sou datt de Wenzel sech dack nüt vun de Landkaarten trenne konnt.

DSonndeger an d'Feierdeg huet dee jonke Wenzel bei sénge Tata, der Kinnegin Maria, verbruecht. Bei der Kinnegin Maria wor och



Königin Elisabeth von Böhmen, Karls Mutter

d'Blanka, Duechter vun der «Madame Mahaud». Mat dem Blanka huet dann de Wenzel dack a laang an deem séngem Poppenhaus gespillt. Enges Daags huet d'Blanka gefrot: «Gefällt Der iwwerhaapt Däi komeschen Numm, Wenzel? – Hei heeschen nämme Kluniën a Fratzeschneider esou! Wann s De gär zu Éiere kënns, da muss De Der vill méi e schéinen Numm zouleën!»

Wéi do de Wenzel dat deemolegt Firmungsalter erreecht hat, as dat Fest mat allem Pronk, mat Fiirschten aus «aller Welt» gefeiert gin. Iwwert dem Festisséen as dann och de Wenzel vu séngem Papp mat engem neien Numm iwverrascht gin. De Wenzel, dien sech gär no séngem Virfueren Heng (Heinrich) genannt hätt, konnt séngem Papp, dem Kinnek vu Béimen, nüt widderspriechen, deen den Numm Charel (Karl) virgeschlon hat. Sou huet e stéll a roueg geäntwert: «Jo, ech wéll mat Gottes Hélfet mech vun haut u Charel nenne loossen.»

E puer Méint duerno huet de Kinnek Charel de Familjerot aberruff an huet dobäi deem jonke

Prénz ze verstoë gin: «Mer hu mat Freed a Be-wonnerong festgestallt, datt Där Prénz, der Prinzessin Blanka (Blanche de Valois) Léift a Respekt entgéint bréngt. Well et Lis opgedroen as Äre Papp iwwer alles, wat Är Persoun betréfft, ze énnerrichtent, sou weess en dovun a bëlegt Är Wiel.»

### Iouchzäit mat aacht Joér

Op dem Charel séngem aachte Geburtsdag (1324), as da séng Iouchzäit mat deer sechs Joér aler Blanka vu Valois gefeiert gin. D'Blanka huet e schnéiwäisst Brautkleed gedroën, hat eng Diamantenagraff, e Cado vum englesche Kinnek, am Hoér. De Charel hat e Kostüm un, dekoréiert mat Atterpelz, a Schong aus wäisssem Saffianliceder. D'Brautrëng huet dem Poopst sái Legat aus Avignon erbäi bruecht. No der «Iouchzäit» as de Charel beim Blanka séng Elteren no Valois émgesidelt.

Vun elo u wor d'Madame Mahaud dem Charel séng gentlech Erzéierin a Mamm an huet dat jonkt Puer als dat bekuckt, wat se jo och nach waren – als Kanner, déi sech op d'Liewe virberede sollten.

No e puer Joér sin dann déi Kanner nees getrennt gin, well de Kinnek Jhang verlaangt hat, datt de Charel déi héier Schoule besiche sollt. Dat alles huet de Charel dann och mat Lëscht bedriwwen, huet mar Intressi u geléierten Disputatiounen deelgeholl. D'Grammatik, d'Geometrie, d'Musek an d'Astronomie hat e bal hanne sech bruecht, sou datt e sech der Theologie, der Rethorik an der Philosophie zowenne konnt. No dem Wonsch vu séngem Papp, huet de jonke Prénz de Priedeger Pierre Roger de Fécamp zu séngem Schoulmeeschter a Beroder erausgesicht. (De Pierre Roger de l'Écamp as 1342 Poopst gin an huet sech Poopst Clemens VI. (1291-1352) genannt, an huet d'Tiara gedro, de Charel koum zu Käserwürden an huet déi däitsch Käserkroun gedro. Elo waren se nach Schoulmeeschter a Schüler, mä hir Fréndshaft huet e Menscheliewe laang gedauert a gehal).

### Éischt militäresch Éieren zu San Felice

Wéi de Poopst vum Kinnek Jhang verlaangt hat, déi lombardesch Stied an Ueweritalien zréck ze eruwweren, huet de Kinnek Jhang ge-

mengt, et wär un der Zait, datt de Prënz Charel geng beweisen, wat e geléiert hätt. Sou huet de Charel dem fransésche Kinnekshaus, dem Blanka a Paräis Aurevoir gesot, an as mam Otschko vu Wlassim, engem Olmützer\*, no Lëtzebuerg geridden, fir vun do aus mat enger Arméi no Italien opzebriechen.

Schons an der eischter Schluecht gouf de Charel op eng schwéier Prouf gestallt. Ower, nodeem en an eng Fal gerappt wor, déi e vu séngem Noschub ofgeschnidden hat, as et em gelongen, selwer un der Spëtz vu sénge Leit, d'Iwermuecht vun den Italiener niddereschlon, as awer verwonnt gin. An der Schluecht vun San Felice as säi Päerd énnert em ewech geschoss gin an némme séngem Frënd, Luderich, as et ze verdanken, datt en am leschten Ablack téschenet de Schwäerter vun de Schwäizer erausgezu gouf.

### Den Trick vu Belluna 13.34

An der Téschenzait wor de Charel uechtzéng Joér al gin. D'Festong Belluna huet dem Kinnek Jhang sénge Plangen iwwer déi akut Krichsnéidegketen am Wee gestan a wor sou bal wéi méiglech unzegräifen. A well de Prënz Charel

dat och sollt léieren, huet de Kinnek Jhang gemengt, et wär um Prënz, fir den Ugréff ze kommandéieren. De Prënz Charel huet dann och no enger Méiglechkeet gesicht, fir dat sou gutt a bëlleq wéi némme méiglech maachen ze kënnen. Dobái as em en alen Trick agefall. En huet Fändele mam Markusléi bitze gélooss, as an der Nuet der I'estong zou, huet sech a séng Leit fir Verstärkung ausgin, a wéi en dohanne wor, huet en eréischt gesot, wien hie wär a wat e gär hätt. Ouni e Mann verluer ze hun, hat e Belluna ageholl. Et goufe keng Plännerongen. D'Stad huet 50 Uesce gestéft, déi vu Frënd a Géigner eragcholl goufen.

### D'Houchzait vun engem «ale Puer»

Mat de Wierder: «Mer reiden no Prag», huet de Kinnek Jhang säi Fils, no der Eruewerong vu Belluna emfaang. De Charel wor iwwerglécklech. D'Blanka wor elo siechzéng Joér al an de Kinnek Jhang hat Ueder gin, datt d'Blanka och no Prag komme sollt. Prag ower wor fir de Charel, deen zu Paräis opgezillt gi wor, eng schwéier Déception. De Hradschin, d'Buergr vun de béimesche Kinnécken, wor deelweis verfall, den Trounsall wor zénter dem Wenzel



Der Hradschin, Prags berühmtes Schloß, und die Karlsbrücke



Votivbild Karls IV. von Luxemburg

sénger Daffeier nüt méi benutztzt gin. Déi bémesch Ritter a Bëschofe waren all am Sall, hun awer musste stoen, well all Dëscher a Still verfeiert gi waren.

De Charel huet sech viru sái Papp geknëit an huet den Eed als Markgräf vu Mähren ofgeluegt.

De Charel hat et nüt liicht. D'Staatskeesesse waren eidel, well de Kinnek Jhang all Su mat no Lëtzebuerg geholl hat a kéng Steierlëschte richteg gefouert gi waren. Dofir hun awer d'Juddenz zu Wucherzënsen d'Geld agedriwwen. Säck voll Mënz a Bijhuë sin ënnert de Biedem vun de Synagogen fond gin. De Charel as op d'Iddi komm, aplaz d'Juddenz ze bestrofen, se fir sech an d'Land schaffen ze loossen, well si jo d'Handwierk fir mam Geld ze schaffe richteg verstan hun. No kuerzer Zäit as crém Geld an d'Staatskeess gelaf, d'Stad konnt crém opgebaut gin, den Hadschin gouf restauréiert. Spéider gouf eng nei Bréck iwwert d'Moldau gespaant (Karlsbrücke). Am Hierscht 1337 wor et sou wäit, d'Blanka konnt kommen. Mat engem Schéff koum et d'Elbe erop bis Leitmeritz, wou de Charel op et gewaart huet, well e wor him

entgeint geridden. Mat grousser Bewonnerong a Respekt huet de Charel séng jont «Fra» op den Arem geholl, fir se u Land ze droen, well en hat se jo nach kces als ausgewuesse Joffer gesinn. Déi béis sin dräi Deg zu Leitmeritz bliwwen, vun den Awunner applaudéiert.

De Charel hat jo alt gemengt d'Blanka géif all dat provenziaalt vu Béime verspotten – awer hatt wor eierlech begeschart vun alldem, wat op et zoukom.

### Sträit mam Kinnek Jhang

De Jonke Charel wor iwwerzeegzt, datt e Bond mat Polen fir sái Land, Béimen, an d'Kroun vu séngem Papp némmen Notze bréngt kënnt an huet séng Kompetenzen iwwerschratt. De Kinnek Jhang huet näischt vun deem Traité gehal an as an den Hadschin, fir dem Charel d'Lewitten ze liesen, duerno gouf de Charel an d'Verbannung geschéckt.

Wéi en do veriergert séng Buerg erreecht huet, hat séng Fra Blanka ém eng Ducchter gebuer, déi den Numm Margaretha krut.

D'Blanka wor ferm rosen iwwert déi Schnäitz, déi hire Mann vu séngem Papp krut hat, an et huet de Charel all Méi kascht fir d'Blanka der-vun ofzehalen, sái Brudder, de Kinnek vu Frankräich, ém Hélfel ze ruffen. Den Messel huet jo dann och nüt laang gedauert, well de Kinnek Jhang huet bal bemierkt, datt deen Traité mat Pole séng Friichte gedroen huet, an datt och déi neigeschafe Steieruerdnong nach laang nér sou schlecht wor, well Béimen hat schon nees ugefaang opzelieren.

### De Vertrag vun Trenczin

Den 24. August 1335 gouf de Vertrag vun Trenczin, deen de Kinnek Jhang a sái Fils, de Charel, ausgeschafft haten, feierlech proklaméiert. Beim allgemenge Fiirschtendag vu Wiesgrad bei Kran, wou déi béis Lëtzebuerger och derbäi waren, as dann de Vertrag ratifizéiert gin. Dëse Vertrag huet dc polnesche Prokuratorien ee fir alle Kéier garantéiert, datt de Kinnek Jhang a sain Ierwen, de Charel, fir sech a séng Nokommen, zur Berouegong vun dene Länner, an op Wonsch vum Kinnek Charel-Robert vun Ungarn, fir ciweg op d'Kroun vu Pole verzichte

geiften. Weider as festgehal gin, datt de Casimir vu Polen op séng Uspréch u Schlesien och zréckstoe géif. Mat deem Vertrag as enfg éischt Grondlag fir e géuerdent Verhältnés téschent de Länner Schlesien, Béimen a Pole geschafe gin.

## Den Doud vum blanne Jhang

D'Gesondheet vum Charel séngem Papp, deen elo den Numm «de blanne Jhang» krut hat, wor schons zénter Jočren nét méi déi bescht. Besonnesch séng An hun em uerg ze schafe gedon. Mat engem A wor c vum Joér 1338 ganz blann, mat deem aner huet en nach jhust e Schier viru sech gesinn. Wäit a breet wor a Mëtteleuropa keen Dokter, deen sech zerguttst op Aekrankhete verstan hätt, sou datt de blanne Jhang gezwonge wor no der medizinescher Fakultéit vu Montpellier, deemools déi bescht an Europa, ze resen. Dat huet en och 1340 gemeet: eng licht Besserong as dann och agctrueden, déi awer nét lang ughal hat.

Nodeem en crém doheem wor huet en an engem Testament festgehal, e géif gär bei sénge Virfueren an der Abtei Clairefontaine begruewen. Den 20. Oktober 1340 huet en d'Schueberfouer gestéft. Och séng Duechter, Colette, déi nét vu sénger legitimer Fra wor, huet em vill Suerge gemaach, well se wor nach nét bestued. Endlech, am Joér 1346 as et em gelongen hatt mam Gerard von Rodenstock ze bestueden: sain Houchzäitsgeschenk wor d'Herrschaft Bartréng.

De Kinnek «blanne Jhang» wor ganz blann, wéi d'Englännner an d'Frankräich agefall sin, fir hir Ierfschaftsfuderongen ze stellen an domat den Honnertjärege Krich uestiwwelt hun. Wéi et dem Kinnek Jhang an dem Charel hir Iwwerzeegong an Identitéit verlaangt hun, stungen si op der Sait vun de Fransousen. De Jhang huet sái Páerd mat dene vun aner Lëtzebuerger Ritter zsumme strécke gelooss an as géint d'Englännner geridden, fir nach eng Kéier dranzeschloen.

Sou hu mär Lëtzebuerger et am Geschichtsunterecht geléiert! A Wiirklechkeet wor de Jhang nét némme blann, mä och kierperlech krank, séng Deg woren csou oder esou gezielt. Dat wat de Jhang gär gehat hätt, konnt en ném-

men hei fannen: Lier an e proppreren Numm virun der Geschicht. Ob elo dem Kinnek Jhang nach e Streech mam Schwäert gegléckt as, as nét dokumentéiert, awer den Doud war him a ville Ritter sécher.

Sou onroueg wéi sái Kierper wor och dat vu séngem Gebeen. Iwwerall hin si se ze leie komm, némmen nét an d'Abtei Clairefontaine, ducif hun d'Béimer, d'Preisen an zerlescht d'Lëtzebuerger gesuergt.

Och de Charel, deen Onglecklechen, gouf schwéier verwonnt. Nodeem e sech crém erkrabbelt hat, huet e sech den 26. 11. 1346 zum däitsche Kinnck kréine gelooss, iet en no Prag gereest as, wou c vun der Blanche, der Duechter Margaretha, an och vu sénger zweter Duechter, Katharina, erwaart gouf.

Déi zwee Medercher sin, wéi erwaart, gutt a glécklech erop gewuess, ower d'Blanche huet ugefaang ze kränkeln an iwwerdeems de Charel sénge Régierongsgeschäfter nogaang as, as d'Blanche gestuerwen.

## Pescht an Nout, d'Juddé gi verfollegt

D'Pescht as émgaang am Land, hallef geckeg anouni Muecht dem Ongleck géintiwwer, dat se getraff hat, as no Schéllege gesicht gin. Schélleg waren zénter Joérhonnerten d'Minoritéiten am Land: D'Judden. D'Judden haten d'Waasser vergéft an domat der Pescht de Wee opgemat. Déi héich Hären hu jo emol fir eng Kéier séier agegraff an de Poopst huet déck Kiirchestrofen erloooss, konnten awer nét verhënncen, datt vill Judden ermuerzt a verbrannt goufen. Eréischt en Dekret vum 24. 7. 1348, erloooss vum Charel, huet der Juddeverfolgung en Enn gemaach.

1355 gouf de Charel däitsche Käser. Dem Charel sái Brudder, Wenzel, zénter dem 5. 12. 1355 Herzog vu Lëtzebuerg, Brabant, Limburg a Maarkgröf vun Antwerpen, huet d'Festonge van Diddenhuewen a Lëtzebuerg groussaarteg ausbaue gelooss. Wéi dat an dcne Fäll fréier sou wor, hu sech déi Stied claper un de Käschte bedelege missen. Well ower keng Suen an der Keess woren, hu se déi Ménz, déi néideg woren, zu WucherzëNSE misse léinen. Den 4. 3. 1358 hu se dann och beim Jacquemin Culhoye eng Anlei vun 3000 Goldgulden opgeholl.

## De beschte Fank fir de Kinnek

De Kinnek vu Bayern an de Maarkgrof Rupprecht vun der Pfalz hun dem Charel IV. Diffikulteite gemaach, wou se nämme konnten, sou datt dien sech gczwong gesinn huet mat 4000 Mann anzegräiften. Nodeem en déi zwéi schro Patréiner dann niddergeworf har, as en als eenzege Kinnek unerkannen gin, well de Ludwig vu Bayern hat d'Nues voll.

Op der Ueemrees as dann dem Charel och nach en Train vun 48 Ween iwwert de Wee gelaf, an deem dat jonkt a schéint Anna vun der Pfalz dra verstoppt wor, an em e fräit Geleet gebiedelt huet. «Do misst ee jo an d'Ae geschass hun, wann een esou cng Fortune géng fräiloessen. Ech bidden Iech fräit Geleet a bréngen Iech sécher no Nanzeg», huet de Charel geäntwert.

D'Anna vun der Pfalz wor averstan. Et wäcr em wuel och soss näischt anescht iwreg bliwwen. De Charel as nüt méi vun hirer Sait gewach. Op halwem Wee huet e riichteraus gefrot, ob hatt nüt wollt séng Kinnegin gin. D'Anna huet dat geäntwert, wat d'Medercher déi Zäit all geäntwert hun, datt de Papp misst entscheden. Mam Häerz voller Hoffen, sénger Arméi viraus as de Charel, e wäissé Fändel un der Spëtz bäm Rupprecht sénger Buerg ukomm. Alles hat deen erwaart, vun enger Belagerung bis zu enger ofgebrannter Buerg, awer kee verléifte Freier. Aplaz e Krich erkläert as eng grouss Houchzäit mat allem Pomp gefeiert gin, an d'Pfalz gouf ee vum Charel séngen treisten Deler vu séngem Räich. D'Joér drop gouf d'Anna feierlech zu Prag emfaang an am Veitsdoum fir Kinnegin gekräint.

Awer, bedauerlecherweis, wor d'Gléck vun dene béide Kinnekscanner nämmen kuerz. Gläich no der Krénong huet d'Kinnegin e Jong, deen den Numm Wenzel krut, gebuer. De Jéngelche wor schwaach an as nö véier Woche gestuerwen. De Kinnek wor ferm geschloen an d'Kinnegin verzweiwelt. De Papp huet sech op séng Aarbecht geworf, d'Mamm awer, déi gemengt hat d'Kand wär duurch hir Noléissegkeet, Onwëssenheet a Manktem u Frömmegkeet gestuerwen, huet sech den Aarmen a Kranke zougewandt, an huet all Biedelen, se sollt sech dach schoounen, an de Wand geschlön.



*Anna von der Pfalz war die zweite Frau Kaiser Karls IV.  
(Fotoen: Tom Thies)*

Och vun enger zweter Mammeschaff wollt se näischt wëssen. Enges Daags as se um Wee fir an d'Kapell engem Bluttstuerz erleën.

## Duurch Bestiednës u Schlesien

Frém eng Kéier wor de Kinnek Charel eleng a Witmann, nees wore séng Beroder um Dill, fir ém d'Häll warem ze man, mam Wonsch, e misst sech gaangs nees bestueden, well säi Kinneksräich braicht en Ierwen. Ower nüt nämmen dat, mat gudde Bestiednësser konnt ee säi Räich vergréisseren, séng Muecht stärkken, an dat och nach op déi bëllegst Manéier. Dem Charel séng Beroder koumen dann och un d'Anna vu Schweidnitz, dat dat halleft Schlesien ierwe sollt. Schlesien u séng Kroun ze bannen hätt dem Charel schons gefall, ower a séngen Ae wor d'Anna vill ze jonk – en Ierwen ower misst e schons hun, wa säi Wierk bestroe bleiwe sollt. No e puer Méint Zécken huet de Charel dann

zwer nogin an huet sech mam Anna vu Schweidnitz bestued.

D'Anna vu Schweidnitz wor n t dem Bolko vu Schweidnitz s ng Duechter, m  s ng Ni ss, s i M ndel, s ng Ierwin. De Bolko war deen eenzege schlesesche Fi rscht, deen den Lehenseed nach n t geleescht hat: elo wou se Famill matenee worn, huet de Charel de Bolko drop opmerksam gemat. Den Herzog huet ge ntwert: «Ech hu mech lech an der B imescher Kroun verschriwwen, ech wor laang egest nneg an h tt mech kees engem polnesche Bond mat Lehenseed ugeschloss. M r sin d itsch Fi rschten an D r w erd d i d itsch K serkroun droen, elo soll m ng Ni ss Anna, Schlesien duurch Mariage un d'D itsch R ich br ngent.»

**Den Dram vum L tzebuerger Weltr ich**  
Nodeem d'Anna no kaum engem Jo r enger Duechter, d i op den Numm Elisabeth gedeeft gi wor, a sp ider dem Albrecht vun L str ich s ng Fra gouf, gebuer gi wor, koum e Jo r m i sp it den Trounierwen, Wenzel, zu N rnberg op d'Welt. Well et e gesonnen, kr ftege J ngelche wor, as mat allen H ien aus dem R ich dr i Woche laang mat Juegden a Gefr iss gefeiert gin.

Zwee Jo r duerno as d'Anna, no der Gebuurt vun engem dr tte Kand um Kandsbettf iwer, zw in Deg no deem Neigebuerene gestuerwen.

Den 16. 6. 1364 huet de Charel IV. d'Grofschaft Chiny vun dem ruin ierte Grof Arnold V. vu Rumigny a s nger Fra Elisa kaift. Domat as ee laanggesichte Wonsch vun de L tzebuerger an Erfellong gaang. No Lothr gen war L tzebuerg elo dat gr iss Fi rschtentom l nks vum Rh ain.

#### Dem Charel s ng Fra Nummer 4

No engem Trauerjo r fir dat verd ngschtvollt Anna vu Schweidnitz, huet sech de Charel no enger neier Fra  mgesin. W i e sech do  nnert de Frae vun der «Welt»  mgekuckt huet, as s i Bl ck op d'Elisabeth vu Pommern gefall, d'Ni ss vum Kinnek vu Polen an Ierwin vu Pommern. Pommern huet fir de Charel endlech en Zougank zum Baltesche Mier gheescht.

D'Elisabeth wor v ierz ng Jo r mam Charel bestued an huet e laang iwwerlieft. Et gouf Mamm vu f nnnef Kanner, dr i Bouwe worn do derb i. D'Anna, dat eelst huet de Kinnek Richard II. vun England bestued, sou datt och mat deem Land Fridde geschloss gouf.

Dem Elisabeth s in eisichte Fils Sigismund (de Sch inen) wor en h ichgebilte K ser. Hien wor de leschten d itsche K ser aus dem Haus L tzebuerg, no s ngem Hallefbrudder Wenzel. De Jhang gouf Herzog vu G rlitz, de Charel as als Kand vu knapp engem Jo r gestuerwen, d'Margaretha, dat J ngst as mam Buerggrof vu N rnberg bestued gin an huet trotz groussem Kannersegen (14), dat fir d i deemoleg Z it h icht Alter vu fofzeg Jo r erreecht.

W i de Poopst Urban V. (1310-1370, Poopst z nter 1362) an Diffikult te gerode wor, huet en de K ser Charel IV. zu H llef geruff. De Charel, dee wecss, datt de Poopst e gaangs brauch, l sset sech Z it an nach eng K ier bidden, eier e mat der Elisabeth no Roum opbr cht. W i anescht as d sen Zuch, w i die vu virun elef Jo r. Schons d'Nouvell, de K ser as  nnerwee, geet duer, fir datt sech d i lombardesch Stied  nnerwerfen an dem K ser de Rack k ssen.

De Poopst cmf nkt de K ser mat  ierepaart b i der Plamescher Paart. D'K serpuer wunnt am Vatikan, wou d'Elisabeth vum Poopst gekr int g t. Duerno weist sech d'K serpuer an all s nger Pruecht dem Vollek.

De K ser Charel IV. 1316 als Wenzel gebuer, huet nach erliedt, datt s i Jong mam Anna vu Schweidnitz, Wenzel, als Statthalter s ng eischt Meritten hat, datt de Sigismund s ng  ischt gutt Zensuren vun d r  ischter d irscher Universit t, d i hien zu Prag geschafet hat, heem bruecht huet.

De K ser Charel IV. as am Wantergaart mat Bl ck op s i modernt Prag 1378, mat der Fro op de L psen: «d r wat wor ech op der Welt? Hun ech all d i Missiounen erf llt, d i eiser H rgott mer gestallt hat», gestuerwen.

Mat s ngem Doud wor d'Z it vun de L tzebuerger Regente verb i. Am Veitsdoum, engem Pronkbau vun der Prager Gotik, deen en 1344, no der Architektur vun der Narbonner Kathe-

dral, vum Baumeschter Mathieu d'Arras hat baue gelooss, läit de Charel IV. nicht sénge véier Frae begruewen. Mat him as eng vun denen émstriddenste Persoune vum 14. Joérhonnert verschwonn.

Nom Doud vum Charel IV. kritt, fir dat geplangt Grousslawescht Räich ze grénnen, de Sigismund Brandenburg 1378, gét 1387 Kinnek vun Ungarn, de Wenzel kritt Béimen, Schlesien an déi däitsch Käserkroun. De Wenzel, Kinnek vu Béimen (1373-1419) schaftt eng Diktatur, léisst den Hellegen Nepomuk, Vikar vum Ierffürschtentom Prag, an der Moldau ersauen. Énnert séngem Koséng Jost vu Mähren (1375-1411) kénnt den Härbond op, deen esou

erfollegräich gét, datt de Wenzel zweemol (1394 a 1402) gefaange gesat gét: d'staatlech Uerdnung zerfällt.

Aus den Dram vun engem Grousslétzebuerger Räich! Ob dat en Ongléck wor?!

\*1: Olmütz; eng Stad an der March vun Nordmähren, haut Tschecchi mat dem Numm Olomouc. Universitätsstad, besonnescht groussaarteg as de Wenzelsdoum aus dem 12. Joérhonnert matt Nö- an Embauten aus dem 14. an 19. Joérhonnert.



## Téléfonitis

Sechsmol dës Daags um Téléfon,  
schwätzt d'Elvire mat engem Compagnon;  
dat muss nüt grad e Maansmensch sin,  
't as och egal, geschwat muss gin.

Iatt dreift dee Sport trapof, trapop,  
– mir hu keen Téléfon am Haus, –  
Fir d'Linn sin d'Trapen dach tip-top  
do schwecsst een all sái Fett craus.

An owes as et dann doudmidd,  
et schafft zevill op dem Gebitt.  
Jal wier keen Téléfon op der Welt,  
wir glat náischt do, wat him gefällt.

Weess du, wéi een déi Krankheet nennt,  
wou d'Elvire dach sou bänzeg rennt?  
Si gét nom Téléfon genannt,  
am Büro asdeen Numm bekannt.

Doheem kascht d'Krankheet eng Onmass Geld,  
keng Krankkecess dat iwwerhëlt.  
Téléfonéier duerfir op der Schaff,  
– dem Staat sái Beidel as méi graff.

*Jbemp*

# Theater

Dëst Jor, 1989, kritt eisen Neie Stater Theater 25 Jor. Viru ronn 25 Jor huet den Abbé Joseph Hurt († 25. 3. 1962) am deemools jonken UKW eng Rei Causerié gebalen iwwer den Theater zu Lëtzeburg.

1939 bat bien e Buch erausgin: «Theater in Luxembourg», dat an dem Verlag vun der «Jong Hemecht» erschénge as. Mee loosse mer hie selwer mat sénger éischter Causerie den 8. Januar 1962 zu Wuert kommen:

Deen, deen haut den Owend zou lech schwätzt, as vu Radio Lëtzebuerg gebidde gin, op hirer Antenn eng Rei vu Causerien iwwer de Lëtzebuerger Theater ze halen.

Déi Ursach, datt se grad u mech komm sin, wou se ancrer haten, déi an der Lëtzebuerger Theaterfro sécher méi zoustänneg sin as dat hei:

Virun 20 Jor, et wor 1939, hun ech e Buch erausgin: «Theater in Luxembourg». Et hätt sollen deen 1. Band gi vun énger Lëtzebuerger Theatergeschicht. En as gaange vun dem Úfank bis zum Dicks séngem Hemechtstheater 1855. Den 2. Band: «Vom Heimatttheater zum Stadttheater» (1855 bis 1870) loug 1944 drockfärdeg op ménagem Schriftdéesch, wéi déi ongleckséileg Offensiv iwwert eist Eislek komm as a wor, wéi ech méng Habsélegkerten énner dem Schutt vum Haus erausgezun hun, verluer. A mat dem Manuskript hat ech och all méng Énnerlagen, Notizen, Fischen, Zeidungsausschnëtter an sou weider verluer an hun deemools mer gesot: ech géng ni méi e Fanger un déi verlueren Theatergeschicht réieren.

Mee et soll een sech ni verhceschen. Vun déser an deer Säit uestouss, vun deem engen a vun deem anire gedirängelt, hun ech mech no Joren erém uspanc gelooss, fir eise Lëtzebuerger Theater geschichtlech duerzestellen, eemol hei an de Causerié vu Radio Lëtzebuerg, an da speider och doduurch, datt ech méng Studie vun 1939 färdeg maache sollt.

Wat mir haut vun eisem Theater schwätzte wéllen, da stellen sech virun allem zwou grouss Froen:

1. Gët et haur nach en Theater?
2. Gët et e Lëtzebuerger Theater?

Gët et haut nach Theater?

Eigentlech eng droleg Pro!

Ech weess nüt méi wien dat Wuert geschriwwen hat: «Den Theater as dout!» Eich kann och nüt soen ewéi wält dat Wuert Wouerwuer as. Awer de Jean Copeau huet virun enger Zäit geschriwwen: «Il y a des théâtres, mais il n'y a plus de théâtre». Virun him hat de Lessing a séngem 81. Litteraturbréif scho gesot: «Wir haben kein Theater». A vun deem Theater, deen deemools wor, huet de Goethe a séngem Wilhelm Meister ausgeruff: «Das Theater ekelt mich».

Loosse mir iewer nüt iwwer eis Grenzen erausgon an hei dohecm bei eis bleiwen. Wa mir do an d'Zeidungen erakucken, da kënnt vun 1927 ongefíier periodesch déi selwecht Fro erém: Quo vadis, théâtre luxembourgeois (am Escher Tageblatt 16. November 1948) – Woran krankt unser Theater? (Lux. Wort 14. November 1947) – Stirbt das Theater (Lux. Wort 20. 10. 1937) – Stirbt das Luxemburger Theater ab? (Escher Tageblatt 21. 1. 1949). Soen esou Titelen nüt genuch? Op jidde Fall weisen se op eppes hin, wat nüt méi an der Rei as, wat krank as a wat déi Krankheet nüt méi iwwerwanne kann. De Gregor Stein (P. Grégoirc) huet virun e puer Jor emol vum «doudegen» Theater geschriwwen an opgeruff fir dem doudegen Theater erém nei Liewen ze gin:

Gët et haut nach en Theater?

Gët et haut nach e liewegem Theater bei cis?

## Gét et iwwerhaapt e Lëtzebuerger Theater?

Et gét vill Theater bei eis gespilt, joraus, joran, uechter d'ganzt Land an Duerf a Stad. Et gin nüt vill Veräiner op Lëtzebuerger Buedem, déi nüt och an Theater maachen, wann et och nämnen as fir eng schwindsüchteg Keess erém op d'Been ze bréngen. Viru Joren huet de Batty Weber an engem Abreisskalennerblat geschriwwen: «Wir schwimmen im Theater» An den Nikolaus Welter seet 1929 a séngem Buch: «Mundartliche und hochdeutsche Dichtung in Luxemburg»: «Unser Land verbraucht ... auffallend viel Theaterware. Jährlich wird der Bestand vermehrt. Das meiste allerdings überdauert die Jahreszeit nicht und kommt zum Trödler...»

An eng däitsch Zäitschrëft (Die Westmark) huet virum Krich (März 1938) geschriwwen: «Am produktivsten sind die Luxemburger Bühnendichter. Es ist überraschend, wie viele Männer das kleine Land hervorbringt. Jeder Verein in den Dörfern und Dörfchen hat meistens seinen eigenen 'Bühnendichter'».

Awer d'Villheet vun eise Lëtzebuerger Theaterstécker an d'Villheet vun eise Lëtzebuerger Theateropfierunge mécht et nüt, si as nach kee Bewäis fir e Lëtzebuerger Theater a vun engem Lëtzebuerger Theater. Kënne mir bei all denen Theatermanifestatiounen vun engem Lëtzebuerger Theater schwätzen? Dat fällt sécher kengem an!

Also hu mer e Lëtzebuerger Theater?

Do musse mir eis virun allem klor sin, wat mir enner Lëtzebuerger Theater verstin. Et geet nüt duer, datt er e Lëtzebuerger as, deen dat Theaterstéck geschriwwen huet, well soss hätte mir ee Lëtzebuerger Theater wéi kaum en anert Land. Et huet emol ee gesot, dat wär kee ganz richtige Lëtzebuerger, deen nüt wéinegstens een Theaterstéck a séngem Liewe verbrach hätt.

As et méiglech, datt och e Fricmen e Stéck schreift, dat mir zu eisem Lëtzebuerger Theater rechnen?

An as all deen Theater, deen op Lëtzebuerger Buedem gespilt as gin, éier eis Hemechstsprooch op d'Bühn komm as, also alles bis 1855, och Lëtzebuerger Theater gewiescht?

Muss e Stéck op lëtzebuergesch geschriwwen si fir datt cen et zum Lëtzebuerger Theater ziele kann? A vill, ganz vill vun eise Stécker sin a schlechtem Lëtzebuergesche geschriwwen. Wann ee muenich esou genannt Lëtzebuerger Theaterstécker liest oder héiert, da freet ee sech: As dat eis Hemechstsprooch vun deer den Dichter séngt:

«t as d'Sprooch, déi s du am beschte weess  
du goufs dran agewéit,  
an déi wéi keng, wuers du och gees,  
déif an d'Gmitt dir zéit.»

Muss fir e Lëtzebuerger Theater e Stéck op lëtzebuergesch geschriwwen gin?

Wann dat de Fall wär, da kënnte mir Lëtzebuerger nämnen e lëtzebuergeschen Theater hun, all Franséisch- oder Däitschsproochegt misst dann ausgeschloss an ausgeschalt gin, z.B. eisen Nikolaus Welter mat sénger «Griselinde» a séngem «Goethes Husar», mat sénger «Die Söhne des Öslings» a sénger «Braut», déi dach alleguer grad esou gutt zu eisem Theater zielen ewéi dem Dicks séng Koméidistécker.

A wéi as et mam Batty Weber séngem «Lasso»? Zielt nämnen déi Lëtzebuerger Fassong zum Lëtzebuerger Theater? An déi franséisch Fassong?

As et dann erfuerdert, datt d'Handlung, den Thema, d'Persoune vum Theaterstéck lëtzebuergesch sin, fir et zum lëtzebuergeschen Theater ze rechnen? Am Mëttelpunkt vu jidder Theater stect de Mensch, hei an iwverall, ob am ale griicheschen Theater oder am Theater vun haut, de Mensch mat sénge Qualitéiten a sénge Feler, mat sénge Freden a mat séngem Leed, de Mensch a sénger Gréisst an a sénger Arem-séilegeket, an en apaarte Lëtzebuerger Mensch gét et nüt.

Den Nikolaus Hein huet 1935 geschriwwen: «Haben die naturhaften Grundlagen des Volksstumes, Stammeszugehörigkeit, Blutmischung, Landschaft, Sprache eine spezifische luxemburgische Volksseele, einen luxemburgischen Menschen gebildet? Diese Frage muß verneint werden.» (Grundlagen luxemburgischer Dichtung.)

As et dann erfuerdert, datt de Lëtzebuerger Theater vu Lëtzebuerger gespilt gét, oder kën-

nen och Däitscher oder Fransousen e Lëtzebuiger Theater spinnen, well en Acteur, deen e richtegen as, e Kënschtler, dee muss kapabel sin, fir sech an d'Haut vu séngem Personnag ganz eran ze schaffen.

E Kenschtler, wann en een as, spilt jo nüt sech, dee spilt eng Roll, dat heescht en aneren.

Wéi wouer datt dat as, seet Tech e Beispill. Zou Köln am Schauspielhaus huet eise René Deltgen virun engem Jor erëm eng Kéier d'Roll vum Napoléon gespilt. En as an de Prouwe mat e wéineg klenge Schrëtt getréppelt. Du sor de Regisseur zu him: «Aber wie kommen Sie zu diesem Trippeln? Woher wissen Sie denn, daß Napoléon so kurze Schritte genommen hat?» Du äntwert de René Deltgen: «Aber das muß ich doch wissen, denn ich bin ja Napoléon.»

En anert Exempel aus eiser Lëtzebuiger Theatergeschicht: Wéi eis Jesuiten zu Lëtzebuerg 1614 e Spill iwwer den hl. Bernard (Bernardus conversus) opgefiebert hun, du hat den Acteur vun der Titelroll sech esou a sái Personnage eragelieft, datt e stante pede an den Zisterzienser-Uerden agetrueden as.

Wat as dann nun eigentlech de Lëtzebuiger Theater?

Dat as ganz schwéier ze beäntworten. Dat as vläicht alles a jiddes, wat beim Theater a Fro kënnt: den Auteur, deen d'Stëck schrift, dat d'Thema, dat hie behandelt, dat wat en duerstellt, d'Personnagen, déi hie kreéiert, déi Sprooch, déi se schwätzen, déi Aart a Weis, wéi se sech gin, déi Atmosphär déi si émgët. Dat as esou, wéi s' eise Michel Lentz eng Kéier gefrot hun, wat dann eigentlech d'Hemecht wier. Dunn huet hie geäntwert mat séngem Gedicht: «Wat d'Hemecht as».

«Wat d'Hemecht as dat froen s' oft,  
dat Wuert all Mensch sou léif:  
dat as den Himmel, dat as d'Loft  
mam Horizont sou déif,  
't as d'Waasser, dat déi Millchen dréit  
d'Baach, déi duurch d'Wise schläift,  
den Trausch, wou en as fréi a spéit  
de Poufank lëschteg päßt.  
D'Hemecht as de Buedem op deem mir

[wunnen,

den Dall an de Bierg, de Bësch an d'Baach  
't as d'Loft, déi mir ootmen,  
't as d'Sprooch, déi eis Mamm eis huet  
[geléiert ...

't as alles ém dech wäit a breet  
't as d'Lëtzebuiger Land»

Et as warscheinlech esou wéi de Gaston Baty a sénger Geschicht vum franséischen Theater schreift: «Chaque peuple a son génie particulier et sa mission.»

Oder as de Lëtzebuiger Theater all dat zesummen, wat am Laf vun de Jorhonnerten hei a Lëtzebuerg gespilt as gi fir d'Lëtzebuiger, ob vu Lëtzebuiger oder vu Friemen, ob an der Hemechtssprooch oder op däitsch, franséisch, latäin?

Lëtzebuiger Theater as nüt dat selwecht a kann nüt dat selwecht sin ewei Theater zu Lëtzebuerg. An énnner Lëtzebuerg versti mer eist Land, villmei eis Landschaft; nüt némmen déi Stad, déi mir Lëtzebuerg nennen, obschong datt et begräiflech as, datt den Zuch, den Drang vun der Geschicht an alle Länner d'Haaptstad opsiicht.

Ech weess Tech op all déi Ponkte kee richtege Bescheid ze gin, ech loosse s' opstoën a wir frou a glécklech, wann deen een oder deen anere vun denen, déi den Owend nolauschten, hir Menung u Radio Lëtzebuerg schrifftlech aschécke géif. Well et geet nüt duer, datt mir eng Fauscht an der Täsch maachen, wann ee päife wéllt, da muss een och de Mond spëtzen. An ech gleef déi Fro no eisem «Lëtzebuiger Theater» as dach nüt esou theoretesch, wéi muench mengen. As dat nüt klor bewise gin duurch all déi Kongkuren déi zénter Jore fir ee Lëtzebuiger Theater ausgeschriwwen gin? Esou wuel déi-jéineg, déi sech um Kongkur bedelege wollten, wéi och d'Membre vum Jury hun sech d'Iro misse stellen an hun sech s' och gestallt, an ech weess vun engem oder vun deem aneren, deen nüt matgemaacht huet, well en sech nüt konnt klor gin an dëser elementarer Fro: Wat as Lëtzebuiger Theater?

Déi selwecht Fro op dem Gebitt vun der Dichtung huet sech och laang eisem Nikolaus Welter gestallt an hien as laang mat sech doriwwer zu Kouer gaangen, wéi en d'Geschicht vun eiser

Lëtzebuergischer Dichtung schreiwe sollt (1929). An hien huet déi cenzeg Léisung fond an deem, wat säin Titel ausdréckt: «Dichtung in Luxemburg». An déi Fro an der Dichtung wor nach villmäi liicht ze entscheden ewéi déi vum Théater! An dofir hun ech selwer 1939 déi Fro an deem selwechte Senn fir mech entscheed, wéi ech d'Geschicht vum Lëtzebuergischer Theater schreiwe wollt, ech hun se émgaangen a mäi Buch berirelt: *Theater in Luxembourg*.

Esou welle mir och an eise Causierën iwver de Lëtzebuergischer Theater schwätzen, iwver den Theater, deen hei an eiser Hemecht Lëtzebuerg gespillt as gin am Laf vun de Jorhonnerten.

A mir fanken déi aner Kéier u bei denen éischte Spure vum Théater, déi mir op eisem Hemechtsbuedem fannen a mir gi vun do aus duurch d'Zäiten, einstweilen bis zur franséischer Revolutioun.

Mir schwätzen nüt némminen driwwer, mee esou vill wéi méiglech welle mir den Theater selwer schwätze loessen; duerstellle kënnnc mer en nüt, well mir hu jo némminen de Radio an nüt d'Télévisioun.

Da witerden am Laf vun dëse Causierën déi Froe vum Theater a vun engem Lëtzebuergischer Theater méi klor gin a vläicht och eng Antwort fannen.

(8. Januar 1962)

## Theater-Notizen

1849 as den éischte Lëtzebuergischer Turnverän, d'Gym, gegrënnt gin an huet an de Stroosse vun der Stad e Fuesstéck: de Prénz Karneval zem beschte gin. Op déi Fuesent 1849 fankt eisen egentleche Lëtzebuergischer Hemechtstheater un, op deen Dag as eis Lëtzebuergischer Revue op d'Welt komm. (Jos. Hurt, Radios-Causerie. II. 1962)

\* \* \*

Dem Guy Rewenig säi Stéck: «Die Maikäfer überfallen ein Landhaus» (6. I. 89), inzeniéiert vum Frank Hoffmann, as «mitigéiert» opgeholl gin, et wir eppes laang gewiescht. Den Text steet an der Nummer 5 vun der Rei: «Amphitheater», bei der Editioune phi ze kréien,

\* \* \*

Déi Tréntenger Bühn as 15 Jor al gin.

\* \* \*

D'Ketty Schilling-Dutreux as den 29. 12. 1988 am Alter vun 82 Jor gestuerwen. Si wor eng bekannt Actrice, déi ewell mat 17 Jor ugefaang huet Theater ze spilleren an huet dat méi wéi 40 Jor gemaacht. Hir schéinst Roll wor d'«Joffer Lentz» am Emile Boercens séngem «Bloen Hary». Si wor eng vun der aler Gard, déi mam

August Donnen, Léon Moulin, Harry Haagen, Margot Fritz a Venant Paucké d'Leit un d'Laaiche bruecht huet. Eier hirem Undenken.

\* \* \*

D'«Echternoacher Poppenhaus» heescht eng Theatergrupp, déi am Escher Stadtheater d'Stéck «Gedreempt» opgefériert hun. Déi Echternoacher Grupp, wou de Chef de Professer Bern. Thill as, setzt sech aus de Jongen a Medecher aus dem Kolléisch zesummen. Dat Stéck gouf de 14. Februar 1989 am Kapuzinnertheater zu Lëtzebuerg och opgefériert.

\* \* \*

Schoultheatertruppe wäerd et wuel nüt vill am Land gin. Do hu mer de «Belairer Schoultheater, Prénz Guillaume», wou d'Madame Gisèle Dupong-Mreches sech zénter zéng Jor drëm këmmert an émmer mat vill Succès mat de Kanter oprëtt. Sou och mat hirem Stéck «De Pollo», dat se den 8. Januar 89 am Kapuzinnertheater opgefériert hun, dat och vun der Madame Gisèle Dupong-Mreches geschriwwen gouf. Et gouf den 22. Januar 1989 nach eng Kéier gespillt.

\* \* \*

Jhemp Biver

# Theater, Theater ...<sup>\*)</sup>



Zeechnung Ed.Thibold

As da wiirklech alles Theater? . . . Odder as Theater némmen dat, wat op enger Szeen, di extra fir Theater gebaut as, gespillt gér?

Et stëmmt dach, datr di Szeen mat hirem Rido, mat hire Luten, némmen do as fir richtegen Theater ze spillem? Hir Themen, di Stécker di gespillt gin, si ganz bestëmmt aus dem Liewe geograff an dem Liewe vu Mënschen, dem Liewe vun all Dag, dem Liewe vun dobaussen of gekuckt?

Wann s de dat esou iwwerlees, da wir et wouer, wat d'Leit heiando soen: Némmen d'Liewe kann deen echten Theater schreien.

Wéi soll ech dann elo mäi Papp verstoen, deen émmer gesot huet: Maach keen Theater! wa mir Kanner wéngt enger Klengenkect, engem klitzge Bobbo, gekrasch hun ewéi eng Muedeléin?

\*\*\*

Wa mer an den Theater gin, si mir dann nét onzefridde mam Stéck, mat den Acteuren, wann nét echt, wa mat falschem Pathos gespillt gét? Soc mer nét alt: *Wat buet den «L» inwerdrinwen!* – *Wat buet den «M» schmireg, a papeg gespillt!* – *Kuck emol dem «F» sái Spill! Geet dat der nét an d'Träipen?* *Wor dat nét echt ewéi d'Lieve selver?* – Hues de do dach ni heemlech eng Tréim ewechgewéscht, well s d'esou richteg, ouni ze müirken, matgaange bas? . . .

\*\*\*

Wat bréngt mech op déi Gedanken hei? Ma náischt anesch, ewéi den Theater, deen ech den Ament selwer spille (muss), well de Veräin dat gären esou hätt.

Mir hun en Holzknuet gebraucht fir dem Dicks séng «Klirmesgäsch». An do hun den Organisationscomité an d'Regie u mech geduet. Ech soll dat leschr Joér den *Hilaire «Op der Juegde»* esou gutt gemat hun, datt d'Regie mengt, si hätt mech fir den Theater entdeckt . . . fir déi Brieder, déi fir eenzel Leit d'Welt si sollen . . .

Ech hu bis elo gemengt, d'Welt géng anesch ausgesin . . . Do gét et dach keen esou en enke, klengen, onuerdentlechen a muffeg stébsege Raum, deen *alles* si kann: eng Stuff, dann e Bësch odder eng Maartplaz, och alt d'Schreifstuff vun engem Notär. Do hänkt kee verblätten a gefleckte Rido, do si keng hallef blann Luten, keng wackleg Diren a Fénsteren déi nét opgi wa se sollen, nét zouthale wa sc müssen, duerch d'Rumm fléie, wann et emol ganz séier geet . . . Do gét et och keng schlecht gemoolt Landschaften, keng falsch Perspektiven, keng wackleg a fatzeg Kulissen, keng Pëspermaischen an engem däischteren a kale Lach énner dem Buedem, kee Luteféiwer bei den Acteuren . . . Et schéngt wi wann déi bestëmmt Zort Leit némmen da richteg an hirer Roll wir, wann s'op de Brieder stin . . .

Wou a wéini spillem déi Leit dann elo richtegen, echten Theater? . . . *Dat as d'Tro*, géng den

*Hamlet* soe, wa Schaakes Pir (pardon Shakespeare) hei am Ländche gelieft a geschriwwen hätt ...

Wann ech ganz éierlech sin, muss ech soen, datt mir nüt besonnesch vill un dene bestëmmte Brieder läit. Ech géng mech méngerwerrech mat kengem zerklappe fir spinnen ze dierfen, odder fir spinnen ze kennen ... Fir wat läit mir näischt drun, fir Theater op dene Brieder ze spinnen? Et as wouméglech esou, datt ech all Dag, doheem an am Berufl, Theater spinnen ... fräiwéllig odder gezwong ... nüt méng Rolle, nüt mech selver, well dat esou vu mir gefrot gët? ... An dofir brauch ech natürlech déi Brieder déi d'Welt sin nüt ...

\*\*\*

Mat de Prouwe geet éischtens d'Familjeliewen an den Limer, zwetens huet eisereen e Beruff, wou en all Dag voll do si muss. En dierf ower nüt am *Schweess* sin, fir mam *Koséng Klabis* aus de «Kiirmesgäsch» ze schwätzen. Drëttens huet ec sech nach eppes anescht opgelueden, cappes wat een némmen am beschte Fall zweemol am Liewe mécht ... et baut een der Famill en neit Ascht.

Nee, mer brauchen nüt ze kloen, datt mer keng Aarbechti hätten ...

Sou koum et, datt ech een Ament déck an d'Bretz gerode sin. Um Bau gong et nüt wéi geplangt, am Beruff hun ech nüt méi alles gelesen, wat ech gäre gemaach hätt an d'Roll vum *Holzknuet* huet mer nüt geschmaaacht. Ech si mat Widdermutt derwidder gaangen.

Ech hun de Laascht e bëssen ze laang komme gelooss, ech wosst mäin Text an den éischte Prouwen nüt. D'Regie as doduerch e bësse quääsch gin, se huet mat Recht kritiséiert. Ech hun déi Kritik nüt verdroen, well ech nüt vu Liddregkeet nüt an der Roll dra war ... an du hun ech mäi grousse Monolog opgefouert ...

Deen as méngerwerrech fir boér Mënz opgeholl gin. Et gouf de Spiller vun der Equipe vun de «Kiirmesgäsch» Angscht, ech kéint d'Knépple bai d'Tromm geheien ... Et war mer vläicht och méi Eescht, wéi ech selwer zougi wollt ... Ma ech hun nach émmer B gesot, wann ech virdrun A gesot hun ... Sou hun ech dann endlech virun der Première, di Stefesdag

as (fir der *Tradition* trci ze bleiwen), méng Roll emol fir d'zerguttst geléiert ...

Dat huet Krämpes kascht, well ech mam Réck widder der Mauer stong ... et gouf e béise Match, e Sprint géint d'Zäit ...

D'Generalprouf Stefesdag moies huet bal geklappt ... méng Partner hu vill Versteesdemech gewisen. Si hu mer ganz dacks gehollef an hu mer souguer méng Replique virgesot, wa se gemiirkt hun, datt ech nees drop an dru wir fir hänken ze bleiwen ...

D'Stonn vun der Première as émmer méi no geréckelt ... Lich war wuel nüt wibbcleg, hun op d'mannst näischt gewisen ... Ma wann s de esou hanner dem Rido sétz, den Orchester fánkt u fir d'Introduction ze spinnen, da si mer um Punkt wou et nüt méi hannerréeks geet, da leeft d'Maschin. Du kanns se nüt méi unhalen, de Wapp geet op d'mannst cent zu honnertdausend ...

Dái Kapp as eidel ewéi eng Scheier vírum Heemount. Du piddels nervös um Bréll, deen s de némmen am *Holzknuet* séngem Atelier ophues. Du fingers un der «Fagott», déi den *Holzknuet* am Gaang as färdeg ze maachen. Du sicks verzweiwelt dat éischte Wuert vum Text vun déngem Lidd ... de Rido geet op, lo bas du den *Holzknuet* ... Lo bas de drun wéi d'Mëtsch am Buttek.

Du kucks an d'Leit, du gesäis ower némmen e schwaarzt Lach virun der ... Du bas ganz op dech selwer ugewischen, du bas eleng op der Welt ... Du sicks Héllef, awer do as keen deen der báistect, keen deen der énnert d'Aerm gräife kann ... Souguer d'Pëspermaischen an der Kësch nüt, well s d'an der Panik näischt héiers ... Der Pëspermaischen op de Mond kucke kann dech näischt dingen, well s *du* e Bréll brauchs, ... den *Holzknuet* díürft awer *keen* hun ...

Lo kënnt dain Asaz ... du bas dénger Saach guer nüt sécher ... Déng Nervositéit schléit op de Quääschmuskel, den Otrem fladdert amplaz schéi roueg ze lafen ... d'Stëmm sétzt nüt, du géngs am lóifsten nach eng Kéier vu viren ufänken, en zweten Ulfach huulen, odder dech an e Mauslach verkrauchen ... ower du bas nüt méi an der Prouf, du muss dcrduerch ...

De Sall as strubbelvoll. Dräihonnertfofzeg Leit sin den Owend do. Siwenhonnert Ae kucken op dech eleng. En etlech Koséngé vu *Sixtus Beckmesser* sin derbäi, fir dir déng l'eler unzukräiden. Si sin némmen dohikomm, fir ze gesinn, wéi s du op d'Sabbel fälls ...

As dat nach Theater, wann s d'esou do stees?... Du hues Jhelli an de Been ... Du gés wat s de hues, dái Meescht an dái Bescht fir derduerch ze kommen ... Du schweess, datt de Maquillage ufánkt ze lafen ... Nee, dat as keen Theater, dat as di bluddeg Wiirklechkeet, dat as den Doudeschte vum Liewen.

De leschten Accord vum Lidd, d'Leit klappen, du bas ukomm. Déng Nervositéit lect sech, du gés méi labber a fanks un ze spilien ... dái Spill gét émmer méi frái, méi natíirlech ... Méchs d'elo Theater aus deem Stéck, dat an der bluddeger Wiirklechkeet ugefaang huet?...

Awer garc la Box, wann énnerwee eng passéiert ... Ee vun den Acteuren iwwerspréngt e puer Sätz odder esouguer méi ... Da geet den Doudschweess der aus ... *Mer wäerten dach derduerch kommen* ...

D'Spill gét heiando énnerbrach, d'Leit laachen iwwert eng Pointe. Dir kritt e kuerzen Ament fir z'erblosen ... Dat gesáit ower némmen esou aus, well du konzentríiers dech op déng nei Replique ...

D'Sték leeft virun ... Mir sin am leschte Bild ... Et gong op emol ganz séier, du bas és emol nét gewuer gin ... Lo si mer beim Schlusslidd. D'Leit klappen ... Et schéngt, wi wann eist Spill gefall hätt ...

De Rido geet zou an dir fällt en décke Stee vum Härz. Du mengs bal, jidderee misst en héiere falen. Endlech gét et der méi liicht, ma du bas bannewenncég nach ganz gespaant ...

Hannerem Rido fale mer als em den Hals, mir gratuléieren een deem aner fir di gutt Leeschung. D'Regie as zefridde mat den Acteuren.

Ma wann s dc heem kénns, wann s dc mat dir cleng bas, da geet der alles am Kapp ronderém

Mä du selwer, du bas mat dir an dénger Leeschung nét zefridden. *Du báss nach Villes vill besser maache kennen* ...

Dir feiert mat der ganzer Equipe. 't as alles gutt gaangen, grad ewéi «Op der Juegd» ...

... Du wánzels am Bett vun enger Sait op di aner, du tomps well s dc nét schlófe kanns ... Di puer Plaze, wou s dc den Text émgeschriwwen a verfälscht hues, wou s dc den Autor massakréiert hues, wou s d'e bësselche schwadronniéiert an improviséiert hues, wou s dc di aner an d'Labrante bruet häss, loassen der keng Rou. Du spills am Dram virun ... du bleifs steechen, du weess keen Text méi, et as en totale Fiasko ... Schweißnaass fiirs d'an d'héi Luucht, gés de wakreg.

As dat Theater? Neen, dat as Wiirklechkeet, wéi némmen d'Liewen se schreiwe kann ... Du schwiirs der héich an helleg, nét méi op di Brieder am Veräinshaus ze klammen ... Ma wéi as et en aner Joér?

Deen Akt as nach nét geschriwwen. Du weess nach nét wéi dat Sték ausgeet ... dat as nach keng Wiirklechkeet ... ma iewer och keen Theater ...

\*) Wéi ech d'Iwerschréift dohigesar hun, hun ech un e Song aus engem Musical geduet.

Dreif Sport, oder du bleifs gesond.

\* \* \*

Mat de Fraen as et wéi mat den Äppel un den Äscht, déi schéinst sin nét émmer déi bescht.

\* \* \*

Ech wiere mech esou laang wéi ech liewen, duerno huet et dach kee Wäert méi.

R. Siuda

# Theatersaison 1987/1988

(nërt komplett, opgestallt no der «Revue» vum H. Rinnen)

wou	wien	wéini	vu wiem / wat
Alzeng	Theaterfrénn Bieles	27.2.88	Robert Cleess: De Pantouflard
Bartréng	Bartrénger Kaméklé	19.3.88 3., 4.10.87	Josy Christen: Palrong, Box an Hiem Ed Devaquet: Un drolgen Apdiktor
	Spillkéscht	2.1.88	H. Regenwetter: De Bopi gët verkrafft
Befort	Jugend	27.2.88	H. Regenwetter: De Bopi gët verkrafft
Beggen	Employés Crédit Européen	12., 19., 20.12.87	H. Regenwetter: Den duable Maurice
Belval/Metzerlach	Escher Liewesfrou	7., 8.1.87	Nic. Angel: D'Äschelisy
Bilsdorf	(Fa) Thalia et Cie Cru	12.12.87	Local Emissiou vu Radio Ruckel
Born	Scouts, Guiden	12.12.87	Josy Christen: Gewulls an de Kornischongen
Bungeref	Syndicat d'Initiative	9., 10.1.88	Rob. Clees: Dräi krank Hinnercher
Deifferdang	Union Amicale	20.2., 19.3.88	Rob. Clees: Tata Liss vu Vallauris
Diddeleng	Theaterfrénn	6., 7., 14.11.87	Marc Faber: Nujée, et gët Schlëmmeres
Dikrech	Éislecker Theaterfrénn	29.11.87	Fr. Jacobs: Mir si keng Engelen
Eechternach	Chorale	26., 27.12.87	Marcel Reuland: Op der Kürmés
Eischen	(Fa) Thalia & Cru	30.1.88	De Frunes Redakrer fir eng Stonn, Radio Ruckel
	Escher Liewesfrou	26.3.88	Emile Angel: Wann et an d'Vakanz geet
Eif	Fansare	9., 10.1.88	Josy Braun: D'Kromm an der Heck
Elren	Jugend vun Huldang	28.11.87	H. Regenwetter: De Vorsärker
	Éislecker Theaterfrénn	5.12.87	Fr. Jacobs: Mir si keng Engelen
Esch-Uelzecht		16.1.88	Jhemp Hoscheit: De Wijhel
	Liewesfrou	6.2., 21.2.88	Emile Angel: Wann et an d'Vakanz geet
	Schuco Cabaret	21.2.88	Iwwer Hubbel an Haf
	Escher Theater an Théâtre du Centaure	24.4.88	Guy Wagner: Des Kéier kraacht et
Esch-Sauer	Schuco Cabaret	23.4.88	Iwwer Hubbel an Haf
Eschduerf	Pompjeén a Jugend	13., 19.3.88	Rob. Clees: Urlaub vum Pétrus
Fettbléck	Club des Jeunes	12., 13.12.88	Ed. Devaquet: Den Duerfkureler
Furen		27.2.88	Marc Faber: Nujée, et gët Schlëmmeres
Garnich	Pompjeén	26.12.87	Rob. Clees: Tata Liss vu Vallauris
	Club des Jeunes	25.10.87	Sketchowend
Gaasperech	Harmonic	12., 19.12.88	Josy Christen: De Maulwuerf
Habscht	Chorale	23., 24., 30.1.88	Ed. Devaquet: Léiff an Téitschen
Harel	Spillkéscht Koplescht	10.1.88	H. Regenwetter: De Bopi gët verkrafft
Hengescht	Éislecker Theaterfrénn	9.1.88	Fr. Jacobs: Mir si keng Engelen
Hoen	Rido 85	30.1., 6., 7.2.88	Romain Goerend: Kee Fall fir den Zankert
Houachen		3.4.88	Ed. Devaquet: Glück um Schléiwenhaff

Haldang	Heedfrénn	27.2.88	Ed. Devaquet: No éng Keer Iausbouf sen
	Jugend	22.11.87	H. Regenwetter: De Verstärker
Ierpeldeng/Ettelbrick	Concordia	5.3.88	.....: Klaarsch am Trapenhaus
Izeg	Gesank	12., 13.3.88	Max Goergen: D'Chambre garnie
Käerch	Club des Jeunes	9., 10.1.88	Josy Theato: Eng gelunge Firma
	Fanfare	24., 25.10.87	Alain Atten: D'Jonggesellekësch
Kanech	Chorale	26.12.87	Ed. Devaquet: D'sélwer Horspêngel
Kautebach	Jeunesse, Pompièn	30., 31.1.88	Ed. Devaquet: Glück um Schléiwenhaff
Kespelt	Theateratelier Kespelt	7.5.88	Cabaret, 1001 Nuecht
Kenzeg	Kenzeger Kouer Schueo Cabaret	5., 6.3.88	Alain Atten: D'Jonggesellekësch Jhemp Schuster: Iwwer Hubxl an Haf
Kierf	Éislecker Theaterfrenn	21., 22.11.87	Fr. Jacobs: Mir si keng Engelen
Konsidref	Musek	11., 12., 13.12.87	Ed. Devaquet: Den Duerfkureler
Kontern	Club des Jeunes	30., 31.1.88	Alain Atten: D'Jonggesellekësch
Kopelscht	Spillkësch	7., 8.11.87	H. Regenwetter: De Bopi gët verkauft
Lëntgen	Theaterclub Scène 80	19.3.88	Ed. Devaquet: Leift an Teitschen
Lëtzburg	Garcer Guiden	27.2.88	Josy Christen: Den 8. Träppleck
Kapezinnertheater	Escher Theater an Théâtre du Centaure	18.5.88	Guy Wagner: Des Kéier kraacht et
Kapezinnertheater	Kasemattentheater	29.10.-13.12.87	Guy Rewenig: De Meeschter fällt vum Himmel (nom Goldoni)
Kapezinnertheater	Jaddermunnes	16., 28.11.87	Jhemp Schuster: Rostra Risenësseg Den Zarzepz
Kapezinnertheater	Escher Theater		Jhemp Hoscheit: De Wijbel
TOL Neien Theater		21.1.88	J.C. Broussoulux: Intim Iwwerzeugung Revue Hokes Pokes
Am Dierfgen Neien Theater	(Va) Thalia & Cru Théâtre du Centaure	(op 2 Plazzen) 12., 19.3.88 27.10.87 (Première)	Jhemp Schuster: Zwirchekuebelkugelkrop Fons Konz: Säitespronk (vum A. Marrigot an A. Foort, iwwerdroe vum Fons Konz)
	Scène Libre	30.10.87 (Première)	Cadillac
Luerenzweiler	Pantheres Noires	19.3.88	E.H. Hermes: E. gudden Dokter
Mäerzeg	Gesank	27.12.87	Rob. Clees: De Lige-Pol
Mamer	Theaterkësch Mamer	27.2., 26.3.88	H. Regenwetter: D'Verleënheerskand
Manternach	Jongbaueren a -Wénzer	19.2., 27.3.88	Ed. Devaquet: Glück um Schléiwenhaff
Méchela	Club des Jeunes	23., 24.1.88	Josy Theato: D'Béby mécht dat schon
Menster	Club des Jeunes	23.1.88	H. Regenwetter: Den duebele Maurice
Mertert	Cercle des Jeunes	31.1., 6., 7.2.88	Marc Faber: Nujee et gët Schlëmmieres
Minsbech	Schëtter Musek	26.12.87	Josy Christen: De Maulkuerf
Munzen	Eislecker Theaterfrenn	13.12.87	Fr. Jacobs: Mir si keng Engelen
Nidderwampech	Jugend	12., 13.12.87	Ed. Devaquet: Den Duerfkureler

<i>Nooibem</i>	Jugend	27.2.88	H. Regenwetter: De Bopi gët verkäeft
<i>Oxneiler</i>	Club des Jeunes	30., 31.1.88	Claire Theisen: Neen déi Schnéss
<i>Pafendall</i>	Mommerrecher Bouneväck	30.1.88	Jos. Berrens: Zwéckmillchen
<i>Reiden</i>	Chorale	2., 9.1.88	En originellen Original
	Musek	23., 24.1.88	Ed. Devaquet: De Schousterhary op der Himmelsleder
<i>Reisdorf</i>	Fanfare	26.12.87, 21.1.88	Jos. Theato: Gebess as Tromp
	Supporter Club		Josy Christen: Sketcher
	Theaterfrénn Bigelbaach	21., 22.11.87	Paul Felten: D'Feckmillchen
<i>Scheffleng</i>	JOC	9.1.88	René Weimerskirch: Den Horroock
	Gesank	23., 24., 30.1.88	Ed. Devaquet: Nach emol Lausbouf sin (nom Franz Schaurer)
<i>Schuller</i>	Schuller Theater	28., 29.11.87	Tit Schroeder: Besuch um Wudderhaff
<i>Schwecherdall</i>	Fanfare	13.2.88	Marc Herman: Alles wéi keng Engelen (nom Jens Exter)
<i>Sir</i>	Pompjéen	9.1.88	
<i>Strossen</i>	Chorale	21., 22.11.87	Alain Atten: D'Jonggesellekescht
	Schoulkanner 4. Klass	7.5.88	.....: Den aarme Felix (Musek P. Nimax)
<i>Téiteng</i>	Harmonic	26.12.87	Fernand Hoffmann: Costa Brava
<i>Ueschdref</i>	Musek Felen	19.3.88	Rob Clees: Ech laache mech futti
<i>Wal</i>	Club Doheem	23., 24.1.88	Rob, Clees: De Lige-Pol
<i>Waldbelleg</i>	Gesank	5., 13.3.88	Josy Christen: Bubi bas de schon op?
<i>Wäitwampech</i>	Musek Marnech-Rueder	26., 27.3.88	Josy Theato: Eng Hand wáscht déi aner
<i>Wéntger</i>	Theaterfrénn	7., 8. 11.87	Albert Michels: De Pätter a séng Giedel
<i>Wolven</i>	Club des Jeunes	16., 17.1.88	.....: De gällen Hochzäitshues
<i>Wolz</i>	Spillkescht Koplescht	9.1.88	H. Regenwetter: De Bopi gët verkäeft
	Éislécker Theaterfrénn	16.1.88	Fr. Jacobs: Mir si keng Engelen
	Gesank	5., 6.3.88	Dicks: Um Friddensgerücht Jingi Fohrmann: Larifari
<i>Wormeldéngen</i>	Guiden a Scouten	27.2.88	Ed. Devaquet: En drolegen Apdikter

# Theater-Katalog

zesummegestellt vum Marc Herrman

ATTEN Alain

Lëtzebuerg – Tel. ?????

D'*Jonggesellekëscht*

eng Eislécker Spücht an 3 Akten

1 Dekor 5 H 3 D

*De Ligebaron*

e Koméidistéck an 2 Akten/Biller

fräi no der Geschicht «Baron Münchhausen»

? Dekor ? H ? D ? Statisten

*Den Ailespill an de Stuerm op Klierf*

e spaassgei Stéck a 5 Biller

? Dekor 18 H 11 4 D ? Statisten

*Weï d'Wurscht an der Haascht*

e Koméidistéck an 2 Akten/Biller

fräi no engem Stéck vum OBALDIA

? Dekor ? H ? D ? Statisten

BARNICH Fernand

rue de la Bruyère

Rëmeléng – Tel. 564507

*An der Fal*

e spannende Krimi an 3 Akten

«Piège pour un homme seul» – R. THOMAS

1 Dekor 4 H 2 D

*De wëlle Mann*

? Dekor ? H ? D

*Um Block*

? Dekor ? H ? D

† BERENS Jos

D'*Zweckmillonen*

e Koméidistéck an 3 Akten

ronderëm d'Moral

«Das Haus in Montevideo» – Curd GOETZ

? Dekor 6 H 5 D 6 Kanner

D'*Sprangbried*

e lëschtegt Stéck an 4 Akten

aus der eeschter Politik

? Dekor 8 H 4 D

† BERGER Charles (Mme Ch. Berger-Bonert)

13, rue des Cheminots

Betebuerg – Tel. 5135 68

*Mat 5 Fanger an engem Grëff*

e kriminalistescht Loschtpill an 3 Akten

«Haus Kiepergasse und seine Gäste» – ???

? Dekor 7 H 3 D

*Donna Klara*

e Loschtpill no engem däitsche Schwank

? Dekor 5 H 3 D

*Vill Zodi ém d'Léift*

e Loschtpill an 3 Akten

«\*\*\*» – ???

? Dekor 3 H 3 D

† BOERES Emile

*De bloen Harry*

e Koméidistéck an 3 Akten

«Der blaue Heinrich»

Otto SCHWARZ + Georg LENGBACH

1 Dekor 5 H 4 D

*Maach mir näischti vir!*

e Koméidistéck an 3 Akten

«\*\*\*» – ???

1 Dekor 5 H 4 D

BRAUN Josy (Journalist am Tageblatt)

27, Dangé St. Romain-Strooss

Mamer – Tel. ????

*D'Kromm an der Heck*

een zäitkritescht Stéck an 3 Akten

? Dekor ? H ? D

*Requiem fir e Lampekréimer*

eng Grotesk an 3 Akten

? Dekor 4 H 5 D

*d'Rammelscheder*

eng Operett an 2 Akten/Biller

Musek vum Jos. KINZE

? Dekor ? H ? D

- Kreesser, déi mi grouss gin*  
e Lenakter  
? Dekor ? H ? D
- Mir si vum viz*  
e Lenakter  
? Dekor ? H ? D
- De klenge Prënz*  
e Märchespill an ? Biller/Akten  
fräi nom Antoine de Saint-Exupéry  
? Dekor ? H ? D ? Statisten
- CHRISTEN Josy**  
71, Leidelénger-Strooss  
Bartréng – Tél. 3106 75
- D'Famill Fripgen*  
e Loschtspill an 2 Akten  
«Kein Auskommen mit dem Einkommen»  
Fritz WEMPER  
1 Dekor 3 H 2 D
- Millionne-Frick*  
e kriminalistescht Loschtspill an 2 Deler  
«\* \* \*» – Michel ANDRÉ  
1 Dekor 4 H 3 D
- De Maulkuerf*  
e spaassegt Stéck a 6 Biller  
«Der Maulkorb» – Heinrich SPOERL  
3 Dekor 7 H 5 D eventuell Statisten
- Don Camillo a Peppone*  
e Koméidistéck an 3 Deler  
fräi no de Geschichte vum G. GUARESCHI  
? Dekor 6 H 4 D eventuell Statisten
- Bubi, has de schon op?*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
fräi no engem Roman vum H. SPOERL  
? Dekor 5 H 3 D
- De schéine Poli*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
? Dekor 6 H 4 D
- Feierstengszalot*  
4 Revue-Sketcher  
? Dekor 6 H 4 D
- Den aachten Trepplek*  
e Kriminalstéck an 3 Akten  
«\* \* \*» – ???  
? Dekor 4 H 2 D
- Déi aner Halschecht*  
e Suspense-Stéck a 5 Tabloën
- «\* \* \*» – ???  
? Dekor 8 H 3 D
- Paltong, Box an Hiem*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
fräi no engem Roman vum H. SPOERL
- Knuddel-Muddel*  
e juxegt Stéck an 3 Akten  
1 Dekor 4 H 4 D
- CLEES Robert**  
5, J.P. Brasseur-Strooss  
Lützebuerg – Tél. 45 3401
- De Champion*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«Der Meisterboxer»  
SCHWARTZ / MATHERN  
1 Dekor 5 H 5 D
- Tata Liss vu Vallauris*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«Tante Jutta aus Kalkutta» – ???  
? Dekor 6 H 4 D
- De Rettungsschwämmer*  
e Schwank an 3 Akten  
«Der Rettungsschwimmer» – ???  
1 Dekor 7 H 5 D
- Charakterkapp gesicht*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«\* \* \*» – ???  
1 Dekor 6 H 3 D
- Urlaub vum Pétrus*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«Tante Frieda» – Fritz WEMPER  
1 Dekor 5 H 3 D
- De Lige-Pol*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«\* \* \*» – ???  
? Dekor 5 H 4 D
- Senorita Rosita*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«\* \* \*» – ???  
? Dekor ? H ? D
- Gutt Nuecht Här Buchholz*  
e Koméidistéck a 4 Akten  
«\* \* \*» – ???  
? Dekor 6 H 4 D

- Eng penibel Affaire*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«\*\*\*»-???
- ? Dekor 5 H 5 D
- Pension du Lac*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«\*\*\*»-???
- ? Dekor 4 H 3 D
- De Pantouflard oder Ėnnert der Schlapp*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«\*\*\*»-???
- ? Dekor 5 H 4 D
- CONRATII Jos (Joco)**  
137, avenue Pasteur  
Lëtzebuerg – Tél. 473741
- Den Hunn am Kuerf*  
e Koméidistéck a 4 Akten  
«For love or money» – John TESSTIÖRE  
2 Dekor 4 H 5 D
- DILNER Bernard**  
4, Kielener Strooss  
Nouspelt – Tél. 308257
- Et geet näischt iwert e gult Gebeier*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«Das Hörrohr» – Karl BUNJE  
1 Dekor 6 H 3 D
- DEVAQUET Edmond**  
9, Pierre Dupong-Strooss  
Schéffléng – Tél. 548425
- De Klatzkapp*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«Will's Frau» – REIMANN + SCHWARTZ  
1 Dekor 7 H 3 S
- Keen Auskommen mam Akommen*  
e Loschtpill an 3 Akten  
«Kein Auskommen mit dem Einkommen»  
Fritz WEMPER  
1 Dekor 4 H 4 D
- Een droelechen Apotiker*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«Börsenfieber» – REIMANN + SCHWARTZ  
1 Dekor 4 H 5 D
- Gléek um Schléinenhaft*  
e Volleksstéck an 3 Akten  
«Lügen um ein Kuckucksei»
- H. SENKOWITSCH**  
1 Dekor 4 H 4 D
- D'sélwer Iloerspèngel*  
e Loschtpill an 3 Akten  
«Die silberne Haarnadel» – Max. VITUS  
1 Dekor 6 H 4 D
- Nét jalous gin!*  
e Koméidistéck an 2 Akten  
«Der Ehestreik» – J. POHL  
1 Dekor 9 H 6 D
- De Schouster Hari op der Himmelsleder*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«Thomas auf der Himmelsleiter» – M. VITUS  
1 Dekor 8 H 4 D
- De 7. Boys*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«Der siebente Bu»  
M. NEAL + M. FERNER  
1 Dekor 9 H 3 D
- Den Duerfkureler*  
e Koméidistéck an 3 Akten  
«Maxl» oder «Da liegt ein Hund begraben»  
R. WALTRIED  
1 Dekor 7 H 3 D
- Nach eemol ee Lausbouf sin*  
e Koméidistéck an 2 Akten  
«Noch emoi a Lausbua sei» – F. SCHAUERER  
1 Dekor 8 H 5 D
- Duerfleit, Musek, Pompjeën
- Déi 3 Äisbieren*  
e Loschtpill an 3 Akten  
«Die 3 Eisbären» – Maximilian VITUS  
1 Dekor 3 H 4 D
- Déi jennieß Hiesercher*  
e Schwank an 3 Akten  
«Die 5 Karnikel» – J. POHL  
1 Dekor 7 H 7 D
- I leift an Teitsch*  
e Loschtpill an 3 Akten  
«Liebe und Blechschaden» – Hans GNANT  
1 Dekor 4 H 4 D
- De Stenz*  
e Loschtpill an 3 Akten  
«Der Saisongockl» – EL. JOHN  
1 Dekor 3 H 4 D

*De Larrisarri*

e Schwank an 3 Akten  
 «Der Hallodris» – P. KNARR  
 1 Dekor 6 H 2 D

## FABER Marc

27, Tony Schmit-Strooss  
 Ettelbréck – Tél. 819436

*Nujee, et gët Schlëmmeres*

c Boulevardstéck an 3 Akten  
 «Wenn schon – denn schon» (Two into one)  
 Ray COONNEY  
 2 Dekor 5 H 5 D event. 2 Statisten

## FELTEN Paul

5, Kamerich-Strooss  
 Recken-Mess – Tél. 37375

*D'Féckmillchen*

e Komédistéck an 3 Akten  
 «Das Verlegenheitskind» – Fr. STREICHER  
 2 Dekor 5 H 5 D

## GOEREND Romain

43, Cité J.F. Kennedy  
 Walfer – Tél. 331174

*Kee Fall fir den Zankert*

e kriminalistescht Komédistéck an 3 Akten  
 «Keine Leiche ohne Lilly»  
 Jack POPPLEWELL  
 1 Dekor 4 H 4 D

## HARPES-KERSCHEN Loly

68, Kuelebierg  
 Létzebuerg – Tél. 488861

*Den aarme Millionär*

e Stéck mat Gesank – Musck Dany FREIS  
 fräi nom Roman «Drei Männer im Schnee»  
 Erich KÄSTNER  
 ? Dekor 6 H 3 D  
 Leit a Personal am Hotel

## HERMAN Marc

50, Jean Jaurès-Strooss  
 Diddeléng – Tél. 517116

*Gutt énnner Daach*

e lëschtegt-eesch Stéck a 5 Akten  
 «Frautes Heim» – Max DRÖGEMÜLLER  
 3 Dekor 5 H 6 D

*Alles wéi keng Engelen*

e Komédistéck an 3 Akten  
 «... und oben wohnen Engel» – Jens EXLER  
 1 Dekor 3 H 4 D

*Et kënnt émmer aneschti wéi een denkt*

c kriminalistescht Komédistéck a 4 Akten  
 «Hold Up» – Jean STUART  
 1 Dekor 5 H 5 D 2-3 Statisten

*De Kaschtigänger*

(am Moment nach an der Aarbecht)  
 e Komédistéck an 3 Akten  
 «Der möblierte Herr» – W. SCHUBERT  
 2 Dekor 5 H 5 D

*Der Däiwel nüt nach*

(am Moment nach an der Aarbecht)  
 e Komédistéck an 2 Akten – 17 Biller  
 «Diable d'homme» – Robert LAMOURUEX  
 1 Dekor 4 H 5 D

## HERMFS Francine

7, rue du Marché  
 Heischent – Tél. 89024

*D'Jonggesellesteier*

e Komédistéck an 3 Akten  
 «Die Ledigensteuer» – W. KALKUS  
 2 Dekor 4 H 3 D

*E gudden Dokter*

c Komédistéck an 3 Akten  
 «\*\*\*» – ???  
 ? Dekor 4 H 2 D

*E muedebetzege Freier*

c Komédistéck an 3 Akten  
 «Der wormstichige Hochzeiter» – W. LINZ  
 1 Dekor 4 H 2 D

*Eng rosa spätze Box*

e Komédistéck an 3 Akten  
 «\*\*\*» – ???  
 2 Dekor 7 H 4 D

## HOFFMANN Fernand

(gët leider keng Stécker méi eraus)  
 76, Marie-Adelaïde-Strooss  
 Létzebuerg – Tél. 443843

*D'Kiirch am Duerf*

e Stéck aus dem Liewen  
 1 Dekor 4 H 2 D

<i>Adames-Strooss Nr. 13</i>	<i>De Gréngen</i>
e lëschtegt Kriminalstéck mat vill Beschass a 14 Biller 4 Dekor 10 H 6 D	eng Farce a 6 Biller «Der Talisman» – Johann NESTROY 4 Dekor 6 H 5 D
<i>Hotel Costa Brava</i>	<i>Säitespronk</i>
e lëschtegt Stéck an 3 Akten 1 Dekor 7 H 7 D	e Boulevardstéck an 3 Akten «Uproar in the house» Ant. MARRIOT / Alister FOOT 1 Dekor 6 H 6 D
<i>JACOBS Francis</i>	<i>Eng Tréin am Knäppelach</i>
9, Drischt Maarnech – Tél. 9 28 44	e lëschtege Krimi an 3 Akten «Le noir te va si bien» – Saul O'HARA 1 Dekor 4 H 5 D
<i>Arsen a Spérzenhaiwercher</i>	<i>MICHELS Albert</i>
eng Farce an 3 Akten «Arsen und Spitzenhäubchen» Joseph KESSELRING 1 Dekor 9 H 5 D	26, Duelebierg Medernach – Tél. 8 77 33
<i>Endlech emol am Fernseb</i>	<i>De Pätter a séng Giedel</i>
e Koméidistéck a 5 Akten «* * *» – Hans GNAAT ? Dekor 8 H 3 D	e lëschtegt Stéck an 3 Deler «Der Zerrissene» – Johann NESTROY 2 Dekor 8 H 4 D
<i>Mir si keng Engelen</i>	<i>De Lausdeckel</i>
e Koméidistéck an ? Akten/Biller «la cuisine des anges» (We are no angels) – ??? ? Dekor ? H ? D	e lëschtegt Stéck an 3 Deler «Einen Jux will er sich machen» Johann NESTROY 2 Dekor 7 H 4 D
<i>D'Mausfal</i>	<i>OURTII Josy</i>
e Krimi an 3 Akten «Die Mausefalle» – Agathe Christie 1 Dekor ? H ? D	1, Ed. Grenier-Strooss Lëtzebuerg-Bouneweg – Tél. 48 08 38
† JACOBY Margot (M. Pierre Jacoby) 6, Näerdener Strooss	<i>Déi du as gutt!</i>
Elvange (Bieckerich) – Tél. 6 33 22	eng Grotesk mat Gesank an 3 Deler 2 Dekor 12 H 2 D
<i>All Joer eemol</i>	Statisten, Dänzer an Dänzerinnen
e Koméidistéck a 4 Akten «Ehe in Dosen» Leo LENTZ + R. A. ROBERTS 1 Dekor 5 H 4 D	<i>Katja</i>
<i>Pensioun Flappes</i>	e Stéck a 4 Deler
e Koméidistéck an 3 Akten «Pension Schöller» Carl LAUFS + Wilh. JACOBY 3 Dekor 9 H 5 D	4 Dekor 7 H 5 D Statisten
KONTZ Fons 49, Éilerénger-Strooss Monnerch – Tél. 55 58 33	<i>Här Direkter</i>
	e Stéck a 4 Deler
	3 Dekor 9 H 3 D
	<i>Caballero</i>
	e romantescht Drama a 4 Akten 3 Dekor 12 H 3 D
	Dänzer an Dänzerinnen

<i>D'Schlass am Summerdall</i>	ROLLINGER Jhemp 6, Bildgen-Strooss Gouschténgen – Tél. 76318
Operet an 3 Akten – Musck J. ASSELBORN 2Dekor 5 H 3 D Statisten	
<i>Op engem Freijoërsdag</i>	<i>De Remembrement oder Wann d'Wéngerten</i>
Operett an 2 Akten Musck Nic. SCHUH 2 Dekor 4 11 4 D, ee Kand eng Grupp jonk Leit	<i>zesummegetuegt gin</i> méis Spaass wéi Eescht a 4 Akten mat 4 Lidder 4 Dekor 9 H 4 D 1 Jong + 1 Meedchen (11-12 Joër)
PETIT Jean-Marie	<i>De grosse Coup oder Wann de Guckuck rüft</i>
11, Emile Ludwig-Strooss Diddeléng – Tél. 514248	Jux a Spannung a 5 Akten mat 6 Lidder 4 Dekor 11 H 4 D Duerfleit, Schoulkanner, Pompjeën
<i>De Réibock</i>	<i>De Grof vu Wuermér oder</i>
e Koméidistéck an 3 Akten «Waidmanns Heil» – Richard BARS 1 Dekor 5 H 5 D	<i>D'Schneewittchen op der Musel</i> eng al Seechen an engem neie Kleed a 4 Akten mat 7 Lidder 3 Dekor 11 H 3 D
<i>Lord Jockel &amp; Mr. White</i>	<i>D'Schwaarzbrenner rum Kuebenbaff</i>
e Koméidistéck an 3 Akten «* * *» – Carl CONRAD 1 Dekor 7 H 5 D event. Leit am Hotel	e lëschtegt Stéck a 4 Akten mat 5 Lidder 2 Dekor 9 H 2 D
<i>Verreickt!!!</i>	RUPPLERT Fons
e Koméidistéck an 3 Akten «* * *»	44, Schlammesté Weiler zum Tur – Tél. 660225
W. LICHTENBERG + Heinz ERHARDT 1 Dekor 7 11 4 D	<i>Een Engel am Bett</i> e Stéck an 3 Akte mat enger Läich «* * *» – ??? 1 Dekor 5 H 3 D
REGENWETTER Henri	<i>D'Familjebuch oder De Wesch</i>
44, rue du Bois Zolwer – Tél. 592281	e Loschtspill an 3 Akten «Der Trauschein» – Ephraim KISHON 1 Dekor 3 H 3 D
<i>D'Verléenbeetskand</i>	<i>Hei sid der richteg</i>
e Koméidistéck an 3 Akten «Das Verlegenheitskind» Franz STREICHER 2 Dekor 5 H 5 D	c Boulevardstéck an 3 Akten «Hier sind Sie richtig» – Marc CAMOLETI 1 Dekor 4 H 4 D
<i>De Versläerker oder Et geet näischt iwwert</i>	<i>Wéini bestued der méng Fra?</i>
e gutt Gebéier	c Boulevardstéck an ? Akten «* * *» – ??? 1 Dekor ? H ? D
e Koméidistéck an 3 Akten «Das Hörrohr» – Karl BUNJE ? Dekor 6 H 3 D	
<i>De Bopi gét verkäft</i>	† SCHROEDER Tit (Mme Theodore Schroeder)
e Koméidistéck an 3 Akten «Der verkaufte Großvater» – Anton HAMIK 1 Dekor 4 H 4 D	218, av. de la Faïencerie Lëtzebuerg – Tél. 29757
<i>Den dueble Maurice</i>	
e lëschtegt Stéck an 3 Akten «Der doppelte Moritz» – IMPEKOVEN + MATHERN 1 Dekor 6 H 5 D	

<i>De Besuch um Wudderhaff</i>	<i>Een originellen Original</i>
e Koméidistéck mat Gesank a 6 Biller «***» – Oliver GOLDSMITHI	e Koméidistéck an 3 Akten «***» – ???
2 Dekor 6 H 4 D 3 männlech Statisten	1 Dekor ? H ? D
<i>D'Poetges Famill</i>	
c Stéck aus dem Liewen an 10 Biller ? Dekor 9 H 3 D	
<i>SINGER Pierre</i>	<i>THEATO Josy</i>
28, Macher-Gaass Réimech – Tél. 69 8294	4, avenue Guillaume Lëtzebuerg – Tél. 44 2157
<i>Eng besser Parti</i>	<i>Eng gelunge Firma</i>
e lëschtegt Stéck an 3 Akten ? Dekor 4 H 3 D	e Koméidistéck an 3 Akten an 9 Tabloën 1 Dekor 4 H 4 D
<i>Wien et träfft</i>	<i>Eng Hand wäscht déi aner</i>
e lëschtegt Stéck an 3 Akten ? Dekor 4 H 4 D	e Koméidistéck an 3 Akten 1 Dekor 6 H 3 D
<i>E Streech am Wengert</i>	<i>D'Zöss gët queesch</i>
e lëschtegt Stéck an 3 Akten ? Dekor ? H ? D	e Koméidistéck an 3 Akten an 8 Tabloën 1 Dekor 7 H 5 D
<i>Wien hätt dat geduecht?</i>	<i>Den Trick mat der Auer</i>
e kriminalistescht Koméidistéck an 3 Akten 1 Dekor ? H ? D	e Krimi an 2 Deler a 6 Biller 1 Dekor 5 H 2 D
<i>SONNTAG Paul</i>	<i>De Sportsmann</i>
1, op der Maes Syren – Tél. 68684	e Boulevardstéck an 3 Akten a 6 Tabloën 1 Dekor 3 H 3 D
<i>Bei der schwarzer Kaz</i>	<i>D'Beby mécht dat schon</i>
e Koméidistéck an 3 Akten «Die falsche Katz» – Maximilian VITUS 1 Dekor 6 H 4 D	e Volleksstéck an 3 Akten a 4 Tabloën 1 Dekor 4 H 4 D
<i>Den Här am Haus</i>	<i>Gebeess as Tromp</i>
e lëschtegt Stéck an 3 Akten ? Dekor 5 H 3 D	e Koméidistéck an 3 Akten a 7 Tabloën 1 Dekor 6 H 3 D
Chorale Ste Cécile – Weiler zum Tur	<i>3 schwaarz Schof</i>
THEISEN Marie-Claire	e Koméidistéck an 3 Akten an 9 Tabloën 1 Dekor 4 H 5 D
3, op der Maechel	
Weiler zum Tur – Tél. 661087	
<i>3 krank Hinnercher</i>	<i>WEBER Norbert</i>
e Koméidistéck an 3 Akten «Die 3 Eisbären» – Maximilian VITUS 1 Dekor 4 H 3 D	27, Liberationuns-Strooss Stroossen – Tél. 318774
<i>Neen déi Schnëts oder Geklaaps am Trapenhaus</i>	<i>En Apel fir den Duuscht</i>
e Koméidistéck an 3 Akten «Tratsch im Treppenhaus» – ??? 1 Dekor ? H ? D	c Stéck an 2 Deler – 7 Biller 1 Dekor 7 H 3 D
	<i>Eng Sëffegt op der Musel</i>
	e Stéck an 3 Deler mat Zodi a Gesank 3 Dekor 5 H 5 D
	<i>De Brezert</i>
	eng Farce an 8 Biller 5 Dekor 7 H 4 D Statisten

*Dicksereien*

zesummengewierfelt Operette vum DICKS  
 D'Mumm Séis – De Scholdschäin –  
 D'Kirmesgäsch asw.  
 ? Dekor 10 H 4 D 2-3 Kanner

*WENNIG Pierre*

12, rue des Vergers  
 Ucwer-Wuermeldéng – Tél. 768140

*De Kichekueder*

e Koméidistéck an 3 Akten  
 «Der Bräutigam meiner Frau» –  
 Otto SCHWARZ + Georg LENGBACH  
 1 Dekor ? 11 ? D

† WEIMERSKIRCH René  
 (Mme R. Weimerskirch-Echternach)  
 14, Franklin-Strooss  
 Létzebuerg-Gaasperech – Tél. 48 64 48

*Den Här Schrobildgen*

e Koméidistéck an 3 Akten  
 «Le malade imaginaire» – Molière  
 1 Dekor 8 H 4 D

*Dem Luusert séng Spiichten*

e Koméidistéck an 3 Akten  
 «Les fourberies de scarpins» – Molière  
 ? Dekor 7 H 3 D

*Den Horrbock*

e Koméidistéck a 5 Biller  
 «Der Widerspentigen Zähmung» –  
 William SHAKESPEARE  
 4 Dekor 6 H 5 D

*De louse Bauer*

e Koméidistéck a 6 Biller  
 ? Dekor 2 H 2 D vill Statisten

*De 5. Sätz*

e Koméidistéck an 9 Biller  
 2 Dekor 7 H 4 D Statisten

*De Schëllegen*

e Koméidistéck a 5 Biller  
 ? Dekor 4 H 4 D

*Oba Misch*

e Koméidistéck a 5 Biller  
 4 Dekor 5 H 4 D  
 e puer Pensionéierter (Kouer)

*En hät gär séng Rou*

e Koméidistéck a 4 Deler  
 2 Dekor 5 H 3 D

*Entgleist*

e Koméidistéck an 3 Deler  
 ? Dekor 6 H 3 D

*De Simulant*

e Koméidistéck an 2 Deler  
 «\* \* \*» – ???  
 ? Dekor ? H ? D

*De saueren Apel*

e Stéck a 4 Deler  
 3 Dekor 8 H 3 D Statisten

*Den Eilespill*

(Dém Eilespill séng Spiichten)  
 vill Dekoren, vill Leit, Statisten

## Wéi schéi fir mech

Wéi schéi fir mech ze wëssen,  
 dass Du gutt géint mech bas.

Wéi schéi fir mech ze wëssen,  
 dass Du fir mech do bas.

Wéi schéi fir mech ze wëssen,  
 dass Du mech gären hues.

Wéi schéi fir mech ze wëssen,  
 dass Du mech nér verléiss.

Wéi schéi fir mech ze wëssen,  
 dass Du mer gär hëllcfs.

Wéi schéi fir mech ze wëssen,  
 dass Du mech gutt verstees.

Wéi schéi fir mech ze wëssen,  
 dass Du mat wëlls delcn.

Wéi schéi fir mech ze wëssen,  
 dass Du mat mer trauers.

*Elly Schmit-Weber*

Gil Mandy

## Et soll een nët ze vill schnekeg sin

Ech souz kammoud an der Fotell an ech hun an enger Zäitschrëft déi schéi Medercher bekuckt a bewonnert déi do dran «ofgemoolt» wornen, well si beim Concours fir Miss Monde matgemat hun. Et wornen hirer eng Hällewull an eent méi schéin, méi appetitlech a méi lackeleg wéi dat anert, an et wier mir schwéier gefall énnert esou vill Schéiner dat Schéinst eraus ze féschen. Et wor e Genoss se esou ze kucken, en gros et en détail. Kredjéft, duccht ech, fir do eent eraus ze sichen, dat wier eng fein Aarbccht, well duerfir misst een se jo vun no a méi genec a vill méi gréndlech kenne leieren. A wat ech mer déi Affär méi laang a vun alle Säiten iwwerluegt an ausgemoolt hun, dun as et mer op eemol entfuer: «Himmelkräizdäiwl! Déi doten alleguer, an och déi déi vläicht nach méi schéi sin an nët um Concours matgemat hun, déi misst ech schmaache kennen. A wann och nëmmen jiddereent fir eng eenzeg Nuecht. Ech géif der Däiwl weess wat drëm gin!»

«Dat Geschäft léisst sech maachen!», huet eng däischter Stëmm geäntwert. An ob dir et gleeff oder nët, do stoung e vrou mer, de Mephisto. Mä ech hat en op en Hoer bal nët méi erëm kannt. E wor nët méi gekleet wéi decemols beim alen Här Faust. Hien hat nët méi déi schwaarz Käppche mat der spater Hunniefieder um Kapp, nët méi deen enke Collant un an déi schwaarz, routgefiddert Pellerin. Neen! Hien hat sech ganz modern erausgefiuert. Esou wéi den Ido Eichental, wann dir wësst wien ech mengen. En hat e brede schwaarzen Hutt op, eng brong Liederjakett un, eng enk verblatze blo Jeansbox a wäiss Turnschlappen. Wéi gesot, ech wier op der Strooss laanscht hie gaangen ouni en ze erkennen.

«Da losse mär nët laang Eisermatente maachen», sot ech, «du weess jo wat ech gär hätt: All schéint Meedchen, dat ech begieren, muss mir zu Wëlle sin. Iwwert de Präis fir déng Déngsch-

ter brauchc mer jo nët méi ze schwätzen. Bei dir gét et jo kee Gekrämpels.»

«O.K.», sot de Mephisto. «Et soll alles esou goen wéi s du et gär hätt.» An dun hëlt en aus sénger Täsch csou eppes wéi e Bongeblock eraus. Aha, dat as fir de Kontrakt. Ech hu gesin, datt scho vill Blieder gefeelt hun. Ower dun as mir Gottseidank nach eppes agefall.

«Halt!», hun ech geruff, «éiers de elo ufanks ze schreiwen. Ech hun eng Konditioun.» – «Da looss se kommen», sot de Mephisto. – «Du muss mir ower eent verspriechen: ech däerf keen AIDS opraffen!»

Dun huet den Daiwel ugefaangen esou fiirchterlech ze laachen, datt mir d'Hoer zu Bierg stoung wéi eng Kierbiischt. – Wéi hien sech nees eng Grimmelche berouegt hat, sot en zu mir: «Ma du domme Schwob! Nach éier den Aids sech weist an éiers de och nëmmen e klenge Deel van dene schéinste Medercher geschmaacht hues, bas de vun clauter Geschneeks scho laang futti a bei mir do énnen an der Häll!»

An dun huet en erëm ugefaangen ze laache wéi e Geck, datt et mir duerch Muerch a Schank goung. Et wor gräisslech ... an dun as mir d'Zäitschrëft aus den Hänn op de Buedem gérëtscht.

Ogotiogott! Op wat fir Gedanken ee komme kann, wann een enttompt as!

## Klengegketen


Déi gréissste Schnëss an dat klengst Gehir wunnen meeschteens énner der selwéchter Stiir.

\* \* \*

Léiwer déck, sat a frout,  
ewéi éniichter an domm wéi eng Kou.

\* \* \*

R. Siuda



Viru laanger Zäit wor Diddeléng e klengt Bauerenduerf dat déif an engem Dällchen, agekesselt vu groussen a geféierleche Béscher, luch. Tëschent dése Béscher haren d'Baueren hir Akerstecker ugelaegt an et wor eng heden Aarbecht dës an der Rei ze halen. D'Geschicht déi ech iech elo erzielen huet sech op engem vun dése Stécker ofgespilt. Dës Geschicht huet mäi Bop mer émmer erzielt an hien as se vu séngem Grousspapp gewuer gin. Also ménge Grousspapp säi Grousspapp, mäin Ururgrousspapp, sot deemoos: «Eng Geschicht as esou wouer, ewéi se wouer as, wann ee fest dru gleeft.» Ech glewen op alle Fall drun a ka mir et nüt virstellen, dass ménge Grousspappe gelun hun.

Jo, viru laanger Zäit do huet de Bauer Theis c gutt Stéck Buedem donidde beim «Waal» gehat. D'Leit hu sech wäit vum Waal ewechgehalen, well si dése Bésch, mat séngen déiwe Moueren an däischtere Weér, ewéi d'Féier gefaart hun. Esou munch een huet behaapt am Bésch géngé Hexen, Wiichtelen an aner konterbosseg Gespenster hiirt Onwiesen dreien.

Et wor e waarme Fréijoërsdag an de Bauer Theis huet Stonnen an Stonne gebraucht fir sain Aker ze plouen. Et wollt nüt esou richteg vun Hand goen a wéi d'Sonn sech prett gemat huet, fir dem Dag gutt Nuecht ze soen, do war de Bauer Theis frô, fir den Heemwee unztrieeden. Op der Halschent vum Heemwee do krut

de Bauer Theis e gehéierleche Schreck versat. Hien hat sái Kuschtesak leie gelooss. En aneren hätt dat nüt getraff, dach dem Bauer Theis séng Fra huet kee Pardon kannt, wann een eppes vergiess oder verluer hat. De Bauer Theis huet all sái Mutt zesumme geraaft an as émgekéiert. E konnt séngen Aen nüt trauen, lauter kleng Liichterecher sin op séngem Aker hin an hier gehuscht. Vu Virwétz gedriwwen, huet bien sech ganz no un d'eld erugeschlach, an et sollt him d'Stëmm verschloen. Honnerte vu Wiichteler waren derbäi sái Kuschtesak énnert d'Lupp ze huelen. D'Wiichtele hu matenee gepotert an et wor eng Freed nozelausechteren. Dach séier kruten déi kleng Männercher et spatz, datt de Bauer Theis hinnen nokuckt. E bräicht nér ze fäerten, hun se mat raschteger Stëmm gemengt. Voller Aangscht huet de Bauer Theis sech do bei d'Wiichteler gesat an déi, ma déi hun him Geschichten erzielt. Et as gelaacht a gegeckst gin, d'Zäit vergaangen an de Bauer Theis huet awer elo missen heemgoen, well

d'Fra ewell bestëmmt op hie gewaart huet. D'Wiichtelcher ware vrou, datt de Bauer Theis hire Geschichten nogelauschtet hat an als Merci wollten se him all Joér séng Stécker nei plouen. E sollt hinnen awer déi éischt Rei émmer virplouen, doru soll en denken, hun se him nach nogeruff an sin an der Nuecht verschwommen.

F. Joér as vergaangen, an am Fréijoér huer dc Bauer et esou gemat ewci d'Wiichteler et sotren. Iwwer Nuecht waren all séng Stécker geplout gin an de Buedem huet déi bescht Fruucht wäit a breet wuesse gelooss. Joér fir Joér as dat esou weidergaangen. De Bauer Theis as émmer méi räich a räich gin, awer och méi liddereg. Enges gudden Daags huer hic keng Rei virgeplout, d'Wiichtelecher hu séng Stécker nüt erémfond an sin ni méi an der Géigend gesi gin.

De Bauer Theis as kuurz dorop gestuerwen, an et gét behaapt op sénge Stécker wär ni méi eppes gewuess.



HM 10 88

Tom Thies

## Dem Rippches Pir säin Noper

«Och nach dee Misär», hat de Rippches Pir, deen éiwege Schlacksert, gemengt, wéi den Dittches Mätt, dee véier Kanner hat, dat Haus nieft séngem, dat e géierft hat, kaf hat. Mäi Gott, huet e geduecht, wat wäerd dat e Kaméidi an der Gaass gin, wann nach véier Kanner bái kommen. Wie konnt dann nach op der Nuetschicht schlösen? Séng zwee Kënnercher, dat wosst all Mënsch, wore jo gutt gezillt – awer denen hir? – wéi déi schons erausgesin hun! Keen Hoer geschnidden, an d'Gezei huet méi wéi sécher eent van dem aner géierft. Nee, wéi koumen esou Leit u Suen, fir sech en Haus, an dat och nach jhust nieft séngem ze kafen?

Jee, de Rippches Pir konnt náischt drun änneren. No e puer Wochen as de Mätti agezun, ouni datt sech eppes an der Gaass geännert gehat hätt. Wor et un der Zäit, as de Mätti mam Kuuschtesak an der Sait op de Bus fir op d'Schmelz gelaf. Genee, sou datt een hätt d'Auer drop hätt stelle kënnen, koum de Mätti vun der Schicht hecm. Kaum hat en de Läffel aus dem Monn, huet en ugefaang u séngem Haischen ze schaffen. Et wor em egal, op e gestemetzert, ugestrach oder soss eng Aarbecht gemeet huet. D'Angel, dem Mätt séng Fra, huet d'Haus an d'Kanner an der Rei gehal, huet mat denen, déi schons an d'Schoul gungen, geléiert, huet sech awer och nét gescheit, fir mat hirem Mann am Gaart ze schaffen.

Huet de Mätt awer um an ém d'Haus gepléischt, well fir grouss Reperature wor keng Mënz do, wor de Pir, deen e ganzt Joér keng Hand doheem gerouert huet, gaangs beim Mätt, fir deem gutt Rotschléi ze gin. De Mätt huet sech déi Rotschléi ugehéiert, de Kapp geréselt, a sech eragelaacht, an as esou viru gefuer, wéi en ugefaang hat.

No e puer Méint wosst de Rippches Pir, datt säin ncien Noper am Stolwierk, báim Mëscher, wou et déck Paic gouf, géif schaffen. Hie selwer huer zénter zéng Joér an der Pos geschafft an et huer och këng Aussicht bestan, fir do eraus ze

kommen. Duerfir war séng Pai och vill méi dénn, wéi dem Mätt séng.

Soubal de Pir dat eraus hat, huet e sénger Fra, dem Alice, an de Kanner énnner enger Ligen, verbueden, mat denen ongezillte Leit ze schwätzen (se hätte jo gewuer kënne gin, wat fir eng domm Louder hie selwer wor).

Dem Pir séng Spadsiérgäng, sonndesmuercs an d'Duerf, wore schons eng Tradition gin. Wor de Märt virun der Dir, huet de Pir e vun éinne bis uewen iwwerhieflech bekuckt a gefrot: «Wéi as et Mätt, gees De mat op den Eck een drénken!»

Ouni eng Min ze verzéien huet de Mätt geántwert: «Neen, ech gin dach nér schaffen fir d'Wiirt ráich ze maachen, ech weess och esou wouhi mat ménge Suen!» an huet un deem weidergeschafft, wat e grad am Gaang wor.

Am Nométtig koum de Pir dann no Heem geschenkt, an den Zodi gung un; éischtens well d'Mettiegessen nét um Déesch stung, zwetens, well d'Kanner dobaussen op der Strooss gespiltt hun amplaz ze léieren. Hu se awer dobanne an der Kiche geléiert, as et och Zodi gin, well gesond Kanner haten an der frëscher Loft ze spilien. A wéi wor d'Alice erém gekleet? – wor dat e Rack fir sonndes? Sou as den Zodi weider gaang bis de Pir endlech, Fra a Kanner hu sech erblossen, am Bett louch.

Enges méindes, et wor e Feierdag, an de Pir hat et deen Dag virdru besonnesch uerg gedriwwen, konnt d'Alice nét anesch, an et sot zu séngem Pir: «Dat wéi géscht, Pir, dat maachen ech nét méi mat! – all sonndes dee selwechte Kaméidi? – hucl Der eng Nues voll un Deem do iwwer: dat nennen ech e Familjepapp! Du awer mëss äis krank. Ech an d'Kanner fäerte schons wann et Sonndeg gëlt!»

«Mann a Familjepapp?! – datt ech nét laache, een deen emol keng fènnef Frang fir en Humppen erbäi kritt! Mengs De die géif och nét gäer een drénken, wann en e Su hätt? Kuck Der

dach deen Hänes do un! – deen Dabo as jo mol nêt sou keng fir sech am Haus ze weisen, sou laang et hell as dobaußen! De Pir huet sech selwer am Geescht vun éinne bis uewen houfreg bekuckt, an drop gewaart, wat dat dommt Fra-mensch dann elo nach ze soen hätt.

D'Alice huet all säi Mutt zesumme gholl, well hatt hat an denen zéng Joér Bestiednis nach nêt dacks erémgemault: «Dem Stot kéimen déi Suen, déi s du bai de Wiirt dréis och gutt! Eis Kanner géifen och alt emol heinandsdo léiwer eppes aneschr iessen, wéi Gromperen, Zalot a Wainzoossiss, och wa kee Mensch dervu schwätzt! – Déi do iwer hun alt Fritten, Träipen, Kotteletten a Brot! – oder mengs De dat géif een nér bis heihinner richen?» «d'ir den Alen, jo fir den Alen, ower nêt fir d'Kanner!» huet de Pir gejapst, «kuck emol, wéi deem séng Kanner crausgesin!»

«jo, kuck eemol, deem säin Nicki as nach méi jönk wéi eise Robi, a schons grad sou grouss, an an der Schoul as en och besser!» D'Alice huet sech d'Hoér aus dem Gesicht geblossen, dat vun Aangsch an Opregong rout ugelauf wor.

«Dat glawen ech gär, d'Madam huet jo och keng Zait fir mat en ze léieren! Huel Der e Bäispill un deer Fra do iwer, déi huet véier Kanner a fent nach Zait fir mat hire Kanner ze léieren – oder – hucs De vläicht näischt an der Kopp?! – soll ech dat och nach – nief ménger schwéierer Aarbecht op der Schmelz man, hce?!,» huet de Pir gebirelt an e Gesicht geschnidden, wéi wann en um Enn vu sénge Kräfte wär.

Mai Gott, huet d'Alice geduet, elo geet dat erém un. Elo kennt, datt ech de ganzen Dag mam Aasch báim Uewe sétzen, op d'Pai waarden, a mer eng déck Panz zillen. Nach iert de Pir domat konnt ufánken, huet hatt gemault: «Eich soen Där némmen cent, wann dat Geséffs sonndes sou weider geet, ech mech drécke muss, an all Su dráimol émdréie muss, da gin ech an eng Fabrek schaffen, ob et Dir passt oder nêt!»

De Pir huet gelaacht: «Du a schaffen! An eng Fabrek! – datt ech nêt laachen – déi waarden och nach op Dech, dommt Bétschel!»

«Do kanns De roueg laachen, mai Männchen, – dat hei kéint schons mar ufánken, wann et

wéilt!» D'Alice huet de Pir deérmoosse bekuckt, datt deem Dronkenellen ausgaang sin. «Du bleifs heiheem, Dabo – oder Du léiers mech kennen!», huet de Pir nach eng lescht Kéier gebaupst, ir en erém am Schloßémmen verschwonn as. Fréischt do huet e gemengt: A wat huet déi domm Geess dann hei ze meckeren, huet dat et nêt gutt hei bai mär?

Wéi de Pir do dënschtes vun der Schicht koum, wor kee Mensch doheem – kee Kand a keng Fra. De Pir krouch den Dadder. Kee Gefréiss stung um Dësch, emol kee Bett wor gemaach. Wéi en Hänes op der Genn as c vun engem Zémmen an dat anert gclaf, as erof an de Keller an erop op de Späicher – ower, et wor keng Fra an och kee Kand néierens ze gesinn.

De Pir wär jo alt gär bei de Mätti an d'Angel gaang, fir ze froen, wéini d'Alice an d'Kanner d'Haus verloooss gehat hätten, an a wat fer Direktioun sc gaange wäeren – awer déi Blamage! Sou huet de Pir e puer Rondelen Zoossiss geschnidden an déi mat engem Stéck Brout erageholl. Awer, náischt wollt em schmaachen. Séng éischt Roserei wor verflun, Suerge sin an d'Plaz koum. Wuer wor dat dommt Framensch némmen hin – mat de Kanner? A sénge Gewéssensbëss huet e sech gefrot, ob en dann tatsächlech sou c schlechte Mann a Papp wär? Een dee sicht, dee fent och. De Pir huet fond!

Séier huet e sech gehuewen, huet säi Paltong erwëscht an as an d'Duerf, wou eng Téléfonskabin wor. Hei huet hiem all Mensch ugeruff, vun deem e gemengt hat e géing wëssen, wou d'Alice wär; awer kee Mensch wousst eppes.

Mam Kapp téscht de Schélleren as dc Pir erém heem. Kaum wor e bai der Dir, huet en de Mätti gesinn am Gaart schaffen. Hat dien elo nêt spéttch eriwwer gelusußt? Hat d'Angel nêt téscht de Ridoën erausgekuckt? Wossten déi vläicht eppes? De Pir huet de Kapp nach méi déif téscht d'Schéllere gezun an as bal op de Knéien an d'Haus cra gelaf.

No enger Nuet ouni Schlof, engem décke Kapp voller Suergen a Rei an engem Bauch voller Honger, as de Pir deen anere Muergen op d'Schmelz gelaf, wou en déi éischte Kéier a séngem Liewen wéi klorosc geschafft huet, well e wor, an dat wor och nei, zu der Iwwerzegong

komm, datt dee ganze Misär séng Schold war. Datt e misst versichen aus der Pos eraus an e Betrib ze kommen, an deem méi verdéngt ging gin.

No der Schicht as e séier bai e Metzeler gelaf sech en halleft Pond Gehacktes kafen: e puer Bouletten an e Stéck Brout, sou huet e geduet, wären och alt genuch fir e Mëttiegessen.

Erféiert a verwonnert huet e registréiert, datt d'Viischtidir nüt zugespaart wor. Hat hien Eifalt dat de Muerge vergicss? Awer neen, wat koum dann do fir e Geroch aus dem Haus? Huerteg huet de Pir d'Dir opgerappt, as an d'Kitchen, wou d'Alice bai der Kachmaschin stung ze kachen, sou, wéi wa kees eppes gewiescht wär. All séng gutt Virsätz vum Muergen sin dem Pir erém agefall. Stéll huet e säi Paltong, séng Kap a säi Kuuschesak un d'Mantelbriet gehaang, sech un den Dësch gesat a gemaufelt, ouni e Wuert ze soen.

Nom lessan huet en am Keller no engem Spuer gesicht an as eraus an de Gaart. D'Alice huet ém mat engem liichte Gréng am Gesicht nogekuckt. Wéi de Pir laanscht de Mätti gung, huet en e kuurze «Gudde Moien» téscht de Lépsen erausgequëtscht, ouni de Mätti dobái ze bekucken. Häärt en dat gemeet, hätt e gesinn, datt de Mätti nüt eng Grimmel verwonnert wor.

Dee Sonndeg drop hung dc Mätti a säin Angel un der Fénster, fir ze kucken op de Pir dann elo och nach géng an d'Duerf tréppelen. Do hätten se awer laang waarde kennen, well de Pir huet e Stull virun d'Haus bruet, duerno en Eemer voll Waasser an e Schwamm an huet, oh fräck, dem Alice d'Fénstere mat de Rumme gewäsch. Dat huet awer nüt laang ugehal. Véierzéng Deg méi spéit as en rém a säin alen Trott zréckgefall: oder och nüt! De Pir koum kees méi mat enger am Kessel heem, a geroost huet en och nüt méi. Och nüt, wéi en no e puer Méint eraus krut hat, datt d'Alice mat de Kanner deemols, déi Nuet, báim Mätt an dem Angel logéiert hat.

\*\*\*

Sou sin d'Joëre vergaang. De Mätti gouf Viraarbechter am Stolwierk, de Pir huet nach émmer an der Pos d'Schlaken énnert d'Schwelle verstoppt. Déi Al an déi Jonk hu sech heiando gutt, dack manner gutt verdroën.

Einges Daags, de Pir an de Märt hu schons ém déi fénnef Joér nicht enee gewunnt, gouf er en décken Durcherne beim Pir, well dem Alice séng Mamm, déi Wittfra wor, wor stéinterlech gestuerwen. Wéi dat sech esou an engem Fall gehéiert, waren de Mätti an d'Angel gaangs bereet, de Robi an d'Sylvie ze versuergen, fir datt de Pir an d'Alice, dat eenzegt Kand wor, alles, fir en anstännegt Begriefnes, kéint an d'Rei maachen.

De Pir an d'Alice wore frôu an zefridden, datt se konnten hir Kanner criwwer bei de Mätt an d'Angel gin, déi eréischt vir kuurzem hiirt Haus baussen a banne renovéiert haten.

Et waren, zénter dem Begriefnes, kaum aacht Wochen hier, wéi dém Pir säi Jong, de Robi, dem Mätt sénge Kanner verzilt huet, elo hätten se Suen, a kréichen en Auto – nee keng Occasioun, o nec, e ganzen neien, direkt aus der Fabrek, soubal wéi de Papp de Fuerschäin häärt! Nach dee selwechten Dag huet de Pir sech bai de Mätti geschlach an diem dat selwecht verzilt. Verwonnert huet de Pir An an Oueren opgerappt, wéi de Mätti gesot huet, hien hätt dat och wélls, mä hie bräicht nüt op de Fuerschäin ze waarden, dien hätt hie schons vu senger Militärzäit hier.

«Wat fir eng Mark wëlls Du Däer da kafen?», huet de Pir gefrot, wéi en rém e bëssche bai Otem wor.

«Oh», huet de Mätti gemengt, «ech hun un eppes Zergutsteres geduet, dat nüt ze deier gët, – un e preisesche VW, dat géng et fir als schons maachen!» De Pir huet eng Schnéss geschnidden, wéi wann en u sauerem Essec géng suckelen: «Nee, nec, sou eppes kënnt mir nüt an d'Haus! Ech si méi un d'Frankräich orientéiert, ech denken éischter un e Citroën oder un eng Renault!»

De Mätti huet de Kapp hin an hier gerëselt: «Jo, e Renault oder en Citroën, dat wär schons eppes Besseres – ower fir mech a méng Famill ze déier! Fir déi Suen, déi s De do méi op den Dësch leé muss, kanns De schons e gutt Stéck fueren – an eng Wakanz zem Beispill!»

De Pir huet de Mätti bekuckt, wéi wann en e Geescht wär: «Eng Wakanz, sou, sou, – a wouhi wëlls De da fueren, wann ee froën

däcrf?» De Pir huet dem Mätti ferm a gespaant an d'A gekuckt.

«O, nüt wät fir déi eischte Kéier. Méng Kanner an ech, mär wäre frô genuch, wann et dës Kéier fir en Tour duerch d'Éislek géng reechen!» «A wéi wëlls De dat da maachen, mat engem VW? – véier Kanner, zwec Grousser an d'Gepäck! Wëlls De déng Fra an déng Kanner plakeg dorémmer lafe loossen?» De Pir huet e spëttesch iwwerleent Gesiicht geschnidden.

«Dat geet schons – dat as alles ausgerechent, maach Der ém ais kee Kappzerbrieches! Sécher, mat engem Renault, oder engem Citroën wär alles vill méi simpel!» De Mätti huet fir sech gelaacht, ouni datt de Pir eppes gemierkt hätt.

De Pir huet de Kapp gerëselt a gemengt: «Ech mengen, mär fueren dët Joér eraf an d'Frankräich; dat géif de Kanner Spaass maachen – oder mengs De nüt?» «Jo, sécher Pir, dat weess ech och – oucr – wéi gesot, dët Joér sin, fir sou eng wät Rees, keng Sue méi do. Mår fueren, wéi gesot, dët Joér duurch d'Éislek, campéieren, gi spadséieren, a wann eis Sue flete sin, da komme mer erém!»

«A wéini kriss De Dain neien Auto dann elo?» huet de Pir gefrot. «Dat huet Zäit bis kaurz virun der Schoulwakanz!» «Jo», huet de Pir gemengt, «dat kann och bai ais sou sin, – ech hoffen, datt ech bis dohi mäi Permis hun!» Domat huet e sech émgedréit an as iwwer dem Nodenken sénger Wunnecht zougctrëppelt. Ënnerwee huet e sech ouwer gefrot: a vu wou soll deen déi Suen hierhun?

D'Méint si vergaang, iwwerdeem dem Pir an dem Mätti séng Kanner vum neien Auto gedreempt hun, de Pir de Code de la Roure geléiert huet, an de Mätti, dien zénter sénger Militärzäit a kengem Auto méi gesiess har, as mat engem Fréind, an diem séngem Auto, iwwer Land gefuer, fir sech erém un de Verkéier, deen dee-mools, an de fofzeger Joëre laang nüt esou déck wor, wéi haut, ze gewinnen.

Zwou Woche virun der Schoulwakanz wor et csou wäit. De Pir hat säi Schäi fir en Auto ze steieren an der Täsch, an as gaangs an d'Citroënsgarage gefuer, deen Auto, deen e schons viru Woche kaf a bezuelt hat, sichen.

Mäi Gott, wor dat eng Freed a Rippches, wéi de Pir mam himmelbloen Citroën virun d'Hausdir

koum. Nee, wat gouf dat Spill bewonnert. Och de Mätti koum erbäi, an de Pir huet deem Technik vun esou engem moderne Gefier auscrnée geluecht. De Mätti, die schons mat nonzéng Joér gutt fuere konnt, huet émmer némmer «aha» an «as et wouer» geäntwert, an e Gesiicht geschnidden, wéi wann e vun Tuten a Blose keng blatzeg Anong hätt. A wat de Mätti méi gestaunt huet, wat de Pir émmer méi huerteg mat Wieder dorémmer gehäit huet, déi nach haut a kengem Lexikon stín.

Den Dag drop koume báim Mätti, per Camion, Zillen, Briedcr a Zement un, mat denen de Mätti dann eng Garage fir den neien Auto gebaut huet. Et huet eng ganz Woch Fréischicht gedauert bis se färddeg wor. Da wor och de Mätri sou wäit: de neien Auto konnt kommen.

De Mätt hätt jo elo zum Pir kenne soen: Pir fuer mat mir an d'Stad, mäin neien Auto sichen. Ower de Mätti huet näisch gefrot. Mat engem Fréind vun der Aarbecht as en an d'Stad gefuer, huet säi fonkelnoolsneie VW ewech geholl an as prësséiert no heem gefuer, fir datt den Auto sollt do sin, wann d'Kënnnercher aus der Schoul kéimen.

Wéi de Mätti dun op der Plaz nieft dem Haus, um Wee fir an d'Garage stoë blouf, stung de Pir grad bai der Fénster an huet eraus an d'Gewan gekuckt: Nee, dien niddlerträchtegen Hond, as ei em duurch de Kapp gaang, wéi e gesinn hat, dat de Mätti mat engem VW-Bus ukoum. Nee, dat geckegt Hinkel huet sech e VW-BUS kaf, mat Plaz genuch fir séng Kanner, séng Fra an hien; an och nach fir en decken Aarbel voll Gepäck konnt e marschlefen. De Pir wor sou getoufr, datt en et nüt färddeg bruecht huet, fir eraus bai de Mätti ze goen, an deem säin neien Auto ze bewonneren.

Owens huet dann de Mätti e Bic an e Blat Papeier erbäi geholl, an huet, énnerstëtzzt vum Angel, all déi Saachen notiert, déi eng sechs-käppig Famill brauch, fir eng Woch laang iwwer Land ze fueren. Freides, no der Schicht, an no de Schoulstonnen, sou datt dem Mätti säin celstre Bouf, den Nicki, op séng jong Ge-séschter konnt oppassen, sin de Mätti a säin Angel all dat kafé gefuer, wat deen Dag virdrun notiert gi wor. Samschdes owes gouf alles an den Auto gepakt, well et sollt jo sonndes muer-

gens lass goën. De Mätti huet d'Luuchte vum Auto nach eng Kéier probéiert, den Nicki as rondrém den Auto gelaf, an huet dem Papp gesot, datt alles an der Rei wir. Och de Benzintank wor gefellt gin! Eréischt wéi alles an der Rei wor, as den Auto an d'Garage gefuer gin.

Sonndes muergens, kaum hat den Nicki d'An op, huet e séng Geséschter aus dem Bett gehäit, gehollef bis och dat Kléngst gewäsch a gekämmt wor. Duerno huet e jidderengem déi Kleder dohi gereecht déi d'Mamm fir se, deen Dag virdrun zurecht geluegt hat. No an no koumen och hir Elteren aus der Kummer. Nom Kaffidrénen huet den Nicki an d'Josette der Mamm nach gehollef d'Spull maachen. Wéi alles propper wor, huet de Mätti den Auto aus der Garage geholl, huet registréiert, datt den Citroën vum Pir schons fort wor, an huet geduecht: elo as de Pir schons iwert d'Grenz am Frankräich. Den Nicki an d'Josette hun déi zwec Klenger an d'Mért vum Sétz, hannert den Eltere geholl, a fort gung et a Richtong Stad.

\* \* \*

De Pir, sain Alice, de Robi an d'Sylvie, haten sech schons vir sechs Auer aus dem Haus geschlach. Séier gouf sech gewäsch an ugezun, huerteg gouf de Kaffi gedronk. Mat Vitesse gouf d'Gepäck an d'Mall an op den henneschte Sétz gehäit, sou datt d'Kanner nach knaps Plaz behoulen. Kaum wor d'Viischtdir vum Haus zougespaart, hat de Pir den Auto och schons um rullen. Nét ze lues gung et a Richtong Norden.

De Pir wor nach keng hallef Stonn énnereewee, do huet de Robi schons gemault: «Wuer fuere mär dann egentlech hin? – heihin geet et dach nét an d'Frankräich, mär missten dach schons laang op der Grenz sin!» «Maul nét, Bouf, soss flitts De direkt eraus», huet de Pir no hanne gejaut. D'Sylvie huet e sauert Gesicht geschnidden an der Mamm an d'Oueren gepéspert: «So dem Papp, e soll stoc bleiwen, ech muss pissen.» «Elo geet dat schon un!» huet de Pir sech géiergert, «ech hun dat jo gewosst, wéi ech mech entschluss hun, dët Joér nach nét sou wäit ze fueren!» Emmer nach huet e geknoutert, wéi en op eng Sait gefuer as, fir datt d'Sylvie konnt kraus.

«Du géngs jo nawell gäer an d'Frankräich füren, wann s De ee Wuert franséisch schwätzte

kénnns», huet de Robi weider gemault. Klack, as et gaang, do hat de Robi eng sätzen.

Wéi d'Sylvie séng Blos erlückert har, gung et gaangs weider; wouhin woussten d'Mamm an och d'Kanner nét.

No eppes zwanzeg Kilometer, o Schreck, blouf den Citroën matten op der Strooss, ouni datt een eppes gesot gehat hätt, stoen. «A wat huet déi Dreckskar dann elo!» huet de Pir gebireilt, «as dat do nach dran?! – en neien Auto, an e geet schons nét méi! – gesäis De, wat een an de Garagen ugeschmiert gët! Et as fir ze vrecken!» De Pir as eraus geklomm a wollt dc Cappo op man. De Robi ower, deen elo op d'Amaturebriet gesinn huet, huet gaangs geruff: «Papp, looss dat do sin, well Du hues kee Benzin méi!» De Pir as rout vu Roserci am Gesicht ugelaß, as ower zréck an den Auto an huet d'Benzinsauer bekuckt: «Jo, sécher, natuirléch!» huet en dem Alice entgéint gejaut, «dat huet een dervun, wann een en Eefalt nieft sech sätzen huet! – muss ech dann no allem selwer kucken?», an huet mat der Fauscht op d'Steierrad geschlou.

«Iun ech de Führerschein oder Du?» huet d'Alice zréck gefrot.

«E Führerschein, datt ech nét laachen! Een deen e Citroën siirt, huet kec Führerschein, den huet héchstens e Fuerschäin oder ganz simpel e Permis, awer kees e Führerschein – oder waars Du fréiter báim BDM?»

«Blödheini, mengs Dé well dái Papp docmools c Gielemännche wor, misst jiddereen dat gewiescht sin! Kuck, dass De u Benzin kénnns, oder hues De wélles hei wunnen ze bleiwen?»

«Da maach Dech alt schons séier hei kraus, an op de Wee – oder mengs De vläicht ech géif deen neien Auto hei eleng op der Strooss stoc loossen?» De Pir hat séng Iwwerleénhect erém fond, erlückert wor en och, well den Auto soss náischt hat wéi en cidelen Tank.

«Da meng alt, datt dat hei dräi Kilometer, bis déi nächst Tankstell leeft! Wien huet de Permis? Wien as hei Chauffeur – Du oder ech? Huel eng Kan a maach Dech ewoch!»

«Eng Kan?», huet de Robi gefrot, «wann ech gutt mengen, hu mäer guer keng matbruecht!»

«Wat», huet de Pir sech erém géiergert, «hat ech nét gesot, déi misst mat?»

«Nee, Papp, Du has gesot, bei engem nei Auto bräicht een déi nüt!»

Fricme Mënsch hätt kënnce mengen, de Pir géif elo platzen: «Abee merci, elo fänken déi Kleng schons un ze lëien! – Gutt – ech gin elo Benzin sichen, an da geet et direkt heem!»

De Pir huet séng Zigaretten erwësch an huet sech op de Wee an dat nächst Duerf gemaach. D'Alice an d'Kanner sin aus dem Auto geklomm, hun d'Campéngsstill aus der Mall geholl a sech an d'Sonn, déi sech ewell gewisen hat, gesat.

\* \* \*

De Mätti wor mat sénger Famill schéi gemitterlech un d'Saucer gefuer a koum géint clef. Auer zu Buurschent un. Déi Zäit, wou e mat séngem Jong, dem Nicki, d'Zelt opgeriicht huet, huet d'Angel sech ém déi méi kleng Kanner gekëmmert. Wéi d'Zelt fäcrdeg opgeriicht wor, as alles dat aus dem Auto gholl gin, wat deen Dag nach gebraucht gouf, an am Zelt placeéiert. Duerno gouf de Gaskacher opgeriicht, an d'Angel huet ugefang ze kachen. Dat alles as csou roueg crof gaang, datt d'Leit rondrém sech gewonnert hun. Grad sou roueg gouf virum Zelt giess.


Nom Iessen huet de Papp sech nüt geschummt, fir der Mamm ze hëlfesen d'Spull ze maan, iërt

en sech an eng Fotell geluegt huet, fir e Maufel ze schlafen.

Géint eng Auer am Nomëtte gung déi aner Säit vun der Campéngsplaz e groussr Gejäiz un, an de Märti huet bai sech geduet: déi do Stëmm déi kënns De elach. Fléck huet en sech gehuewen a wollt gaangs Direktioun Stëmm. A wéi Recht en hat: en huet dee Mann, deem déi Stëmm gehiéiert hat nach ze gutt kannt. Um Talong huet e sech émgedréint, as bai sain Auto, huet e klengt rount Bichelchen eraus geholl, an as mat deem zréck an Direktioun Stëmm.

Wéi en nieft dem Pir strung, deen nach émmer mat sénger Famill geroost huet, well se d'Zeltstaangen doheem vergiess haten, huet en dem Pir dat Bichelchen énnert d'Nues gehal, e fréndlech bekuckt an zou em gesot: «Hei Pir, ech hun den Atlas matbruecht, well ech jo gence wousst, dass De de Wee fir an d'Frankräich nüt eleng géifs fannen!» Domat huet de Mätti dem Pir, deem sái Gesicht ugelaß wor, wéi eng déckzeideg Tomat, an de Grapp gedréckt, iwwerdeem d'Leit rondrém gelaacht hun, wéi no engem gudde Witz. Nach iërt de Pir de Mond nees opkrut, wor de Mätti erëm um Wee bai sain Zelt.

De Pir ower huet séng Fra an d'Kanner gedou de ganze Bagage zréck an den Auto geheien, an no enger Stönn wor en nees verschwonn.



# Notizen

Mir gratuléieren dem Här Cornel Meder, Direkter vum Nationalen Archiv a Comitésmembere vun der Actioun Lëtzebuergesch fir déi schéin Auszeechnung, déi en den 11. Dezember 1988 an engem feierlechen Akt vun der Gemeng a Stad Déifferdang iwwerreccht kritt huet: De Mérite Culturel 1988. De Cornel Meder as d'Séil vum Déifferdanger Kulturkrees a gët zénter Joren d'Zäitschrëft «Galerie» craus.

\* \* \*

D'Sankt Paulus-Dréckerei huet hiren Agenda fir 1989 op lëtzebuergesch a franséisch ausgericht. Sou hu mer d'Schouljor, d'Fester zu Lëtzebuerg mat lëtzebuergeschem Text, d'Méint mat denen ale lëtzebuergeschen Nimm, d'Wochendeg op franséisch a lëtzebuergesch.

\* \* \*

Zu Diddeléng as eng nei Mass op lëtzebuergesch op Krëschtdag em elef Auer gehale gin. Den Text as vum Alain Atten an d'Musek vum Pierre Nimax. Déi Mass as och op Stiefesdag opgeficiert gin, Mass, déi bestallt wor gin vun der Amical vun den Zwangsrekrutéierten.

\* \* \*

A sénger Ried op lëtzebuergesch fir Krëschtdag an Neijooschdag 1988/89 huet de Groussherzog Jean e.a. gesot: «Loosse mer ni vergiessen, datt mir sécher all wëlle bleiwe wat mir sin, mee, datt dat, wat mir sin, nüt eleng ons, mee och all denen ze verdanken as, déi mat ons am Land schaffen a liewen.»

\* \* \*

Zu Heeschdref hat een op e Stroossescheld geschmiert «Ausländer raus». Dorop as eng Protestmanifestatioun dogéint organisiert gin, wou de President vun der Auslännerkommiszioun vun der Gemeng Stesel gesot huet: «Mir protestéieren am hellen Dag géint all Friemenhaass oder Faschismus, nüt wéi déi aner, déi an der Däischter d'Scheld beschmiert hun.» Et

gouf en neit Schéld opgehaangen. De Buurgermeeschter J.P. Klein vu Stesel an de Vertriebler vun der ASTI Kollwelter waren do derbäi. An der Gemeng Stesel wunnent 30% Auslännner, Fransousen, Däitscher, am meeschte Portugiesen. «Et as nécideg, datt déi Leit friddlech zessumme liewe kënnen an datt all Zort an Zeeche vu Faschismus nüt an enger Lëtzebuergesch Gemeng gelidden duerf gin», sot den Här Lichtfous nach.

\* \* \*

De Message vum Äerzbëschof Hengen beim éischten Diozesan-Sonndeg: Kiirch an der Welt vun der Aarbecht, wor op lëtzebuergesch an hat als Motto: Zeie si vu Christus a séngem Evangelium.

D'Vinzenz von Paul-Kongregatioun hat dëst Jor als Thema: D'Portugisen énnert eis. Doriver huet de Professer Belmiro Narino Figueira geschwat. No enger Aféierung iwwer d'Auswanderung vun de Portugisen zénter Jorhonnerten an an deer leschter Zäit op Lëtzebuerg, hält e fest, datt déi meescht ouni berufflech Qualifikatioun komm sin an zu  $\frac{1}{4}$  aus den Distrikten Coimbra, Viseu, Vila Real, Braga, Porto, mee och vu Lissabon a Santarém kéimen. – No enger Émfro vun der Zeitung «Expresso» hun déi meescht némme 4 Jor Kannerschoul gemmaacht. Lëtzebuerg as e Virzocksländ gin, well do eng gutt Konjunktur as, a well déi alleréischt hei gutt virukomm sin.... Den Awanderer géif sech, sou de Konferenzler, eng fest Situationswelle schafen, an esou kéim et datt eng gutt Parri sech do géife nidderloassen, wéi d'Geschicht et vun an aus dem 15. Jorhonnert géif beweisen.... Um pastorale Plang wir ze soen, datt déi meescht Portugise Katoulesch wiren, eng portugisesch Missioun géif Massen op portugisesch halen, Religiounscoure géif et gin an och Sproochcouren, nieft engem Sozialdéngscht. – Den Direkter vun der Caritas huet

ervirgehuewen, datt déi domm Menongen nüt géife stëmmen, wéi «si huulen als eis Aarbechtsplazen ewech, si wiren och nüt schold un dem Manktem vu Wunnenraum an datt se och duurchewech propper a fäim sin. ... a wann ee géif mengen, se géisen sech isoléieren, da wir sech ze froen, ob dat nüt duurch eist Mëssstrauen entstoe géif... An der Schoul géif et och no an no besser goen, d'Schwirrgkeet wir do wou méi wéi een Drëttel vun der ganzer Zuel Friemer wiren.... (Wort 9.189).

Loosse mer hei awer och soen, datt d'Action Lëtzeburgesch op dem sproochleche Gebitt bis clo säint gemaacht huet a Sproochcouren ugebueden huet. En Extra-Buch op portugisesch as zénter engem Jor an der Aarbecht an dierft fir dése Summer endlech fäerdegen sin.

\*\*\*

Zu Esch-Uelzecht as eng nei Verenegong gegrünnt gin: «De Minettisdapp – Kultur am Süden», wou Vertriebler vun de Kulturkommisiounen aus dem Süden dra sin. Präsident as de Cornel Meder, Sekretär Mars di Bartolomeo. An enger éischter Phas, sou de Präsident C. Meder, hun s'ewell iwwer den Theater nogefrot, wou Theatersäll, Theatertruppe wiren a wou Theater gespillt géif gin. An dene méi grousse Gemenngen soll en «Animateur culturel» geschafte gin, deen als Koordinator figuréiere soll. – D'Theaterrubrik, déi mer zénter en etlech Jor bréngt kënnt hinnen an hire Fuerschungen wuel och alt ze gutt kommen.

\*\*\*

En neie, klenge Frang as de 15. Dezember eraus komm, en huet op enger Säit «Lëtzeburg» stoen. En as gemaacht fir datt een en nüt mat deem neie 50 Frangstéck soll verwiesselen an ersetza eisen ale Frang. En as och méi bëlleq an der Fabrikatioun, e kascht 15 Su fir en ze maachen, an all Jor gin 10 Millioune Stéck fabrizéiert. En huet 18 mm am Duerchmiesser a weit 2,75 Gramm, den Entworf as vun dem Julien a Nina Lefèvre. Mir hun deemno elo 1 Frang aus Stol, 5 Frang aus helllem Kofscr, 20 Frang aus donklem Kofscr an déi 50 Frang aus Neckel. Et as dee siwente Frang an der Geschicht vum lëtzeburgeschen Haartgeld. Deen éischten 1 Frang koum 1924 eraus, deen de Pabtierfrang dece-mools ersat huet.

D'L'SAP huet deen heien Opruff erausgin:

**A**llies schwetzt vum Europäische Bannemaart 1992, besonnesch d'Politiker. An dann as et och gutt, mol "déi aner Klack" zu héieren. Dofir machen d'Sozialisten en Appell an eis Kabarets-Auteuren, fir Texter mat deem Thema am Kader vun engem Concours eranzeschécken. Eng Jury (LSAP-Vertreter, Journalisten a Kabarettisten) prämieret all déi Texter, déi fir e Programm vu 40 Minuten a Fro kommen.

**D**iese Programm soll dann an de Méint Abrëll bis Juni am Kader vu gréissere Wahlmanifestatione gespillt gin, vun engem interesséierten Ensemble, deen eventuell extra heifir och kann zusumme gesat gin. (Och dofir kënnen Intressente Sech mellen)

**O**n Texter musse bis den 20 Januar rageschéckt sinn, an dat un des Adress: LSAP 2, rue de la Boucherie, 1247 Lëtzebuerg.

**d'SOZIALISTEN**  
... einfach besser!



(L. I. Land 30.12.88)

Am Fréijor 1981 wor eng lëtzeburgesch Iwwersetzung vum «Vater unser» vun der liturgescher Diozesan-Kommissioun, mat dénen ancre Gebieder vum Rousekranz eraus koum. E ncien (vertounten) Text as elo do, an dcem e puer Wierder geännerzt si gin. Sou as et haut: «dän Numm sief gehellegt» amplaz «helleg sief dän Numm», an «wéi am Himmel sou op der Äerd» amplaz «op der Äerd ewéi am Himmel».

Hei den ncien Text:

Eise Papp am Himmel,  
dän Numm sief gehellegt,  
dai Räich soll kommen,  
dai Wëll soll geschéien,  
wéi am Himmel sou op der Äerd.

Géf als haut eist deeglecht Brout,  
verzei als eis Schold,  
wéi mir och dene verzeien,  
déi an eiser Schold sin;  
féier als nüt an d' Versuchung,  
mä maach als fräi vum Béisen.  
(no: Warte Nr. 1/1510 – 12. 1. 1989)

\*\*\*

De geeschtleche Professer Joseph Maertz as den 18. Dezember 1988, 81 Jor al, gestuerwen. E wor den 8. August 1907 zu Klierf gebueren. Geschichts- a Religiounspfesser huet en iwwer de Kléppelkrich geschriwwen a wor ee vun de 7 Grënner vun der Amicale «Di Cliärrwer». Eier sengem Undenken.

(Noruff am Lux. Wort vum Prof. Leopold Hoffmann dc 17. Januar 1989.)

\* \* \*

Et gouf eng Radios-Emissioune, déi geheescht huet Léiert englesch am Londoner Radio. Dat selwecht kann ee vun eisem UKW soen: léiert Létzebuergesch am UKW, awer mat émgedréiter Bedaitong. Wat do heiansdo erauskénnt as dacks esou «léierräich», datt een d'Hann iwwer dem Kapp zesumme schloe kénnt. – Sou krut de japanesche Premier de 7. 1. 89 vun eisem Premier säi Bäileed *ausgeschwat*. Et freet ee sech fir wat eise Premier séngem Kolleg säi Bäileed ausgedréckt oder ausgesprach huet, wann eis Speakerin him per force säi Bäileed wéllt ausschwätzen. Ausschwätzen huet nun am Létzebuergeschen dach jhust de konträre Senn. Wann ech engem eppes ausschwätzen, da wéllt ech nüt hun, datt hien dat sollt maachen. Oder ech hätt gär, wann ee mech géif ausschwätze loassen.

De «burschikosen» Toun vun en etlech Speaker (z.B. 9. II. 88, 12,40 h), een, dee sech nüt besser auszedrécke wousst (oder as et auszeschwätzen?) wéi ze soen: d'Fluggesellschaft xyz, eng ganz seriös Boite ...» as dach alles anescht ewéi seriös ze huelen. No eiser Opfaassung huet «Boite» dach en offällege Senn oder ire mer eis do?

\* \* \*

En neit Létzebuerger Wuert, dat eis schéngt gutt fond ze sin, as de «Krëschtmännchen» fir dec strapazierte «Weihnachtsmann». Sou déi Wélwerwélzer an hirer Ukënnegung fir de Krëschtmartaart (Lux. Wort 14. 12. 88).

En anert Wuert dat eis och gefall huet as dat Wuert «Oucrradio» fir dat englescht «walkman». Wat mengt dir dovn?

\* \* \*

Et gét eis alt gesot mir géifen nüt genuch Reklamm maache fir eis Publikatiounen. Dat mag

esou sin, well et woess een, datt all Kréimer séng Wuer lueft, oder luewe soll, soss gét hien der nüt lass. Et as och esou, datt nüt bal eng Zeitung Notiz dervun hëlt, sief et «Eis Sprooch», sief et d'Extra-Serie oder e Buch, dat mer erausbréngen. Da wélle mer emol op d'Tromm schloen a soen, wat d'lescht Jor erauskoum.

Do wiren emol déi dräi Nummere vun «*Eis Sprooch*».

Dann d'Nummer aus der Extra-Serie vum J.H. Gangler «Kuerblummen um Lamperbierg geplückt», am Originaltext an an d'Sprooch a Schreibweis vun haut émgeschriwwen, mat Glossaren vum Tun Gonner.

Dann dat schéint a blot Léngent gebonne Buch vum René Kartheiser: «de Kapp an de Stären», dat och nach zc kréien as.

Dat anert klengt Buch vum René Kartheiser: «*Rick*», dat als éischt Nummer vun der Extra-Serie erauskomm war, as nei gedréckt gin an déi zweet Oplag kann ee bei der A.L. fir 50 Frang bestellen.

Verschéckt as dann dat zweet Bichelchen aus der Extra-Serie: «*Ueter d'Jor*» vum Heng Rinnen. Den Lleng Rinnen as dem Wonsch nokomm an huet nei Article mat erageholl, Illustratiounen derbäi gemaacht, sou wáit et méiglech wor, an et kritt elo 128 Säiten. D'Membre kruten et gratis geschéckt. Präis 150 Frang.

Wat nach am Drock as, dat as eng Opstellung vu 6000 Wieder, déi d'Madame Kraemmer gemaacht huet a vum létzebuergeschen op d'franséisch geet. Et as eng Opstellung, déi si gemaacht huet no hirem Cours zu Arel fir létzebuergesch zc léieren a stellt en Aart Vokabular duer vun deem, wat do geléiert gin as.

Well mer de Membren nun nüt alles fir näischt gi kénnen, souvill Sue sin dach nüt do, kann een direkt bestellen, well et sin deer nüt ganz vill gedréckt gin. Et kascht 100 Frang a wien den éischten as kritt och dat éischt.

Wat wir et wat de Moment, nieft dene gewéinleche Nummere vun «Eis Sprooch» an der Aarbecht as. Mir huelen un, datt mer am Jor 1989 nach eng Extranummer erausgi kénnen, dat awer némme méiglech as, wann dir är Corisationen esou pénktlech bezuelt ewéi dir dat bis elo gemaacht huet.

Denkt drun, mir sin am Jor 1989 an d'Cotisatioun as fälleg. Spueret eis vill Aarbecht a vill Porto an iwwerweist d'Cotisatioun direkt, wann dir et bis elo nach nüt gemaacht huet.

Mir soen dene Membren häerzlech merci, déi bis elo iwwerwisen hun a vu sech aus méi geschéckt hun ewéi d'normal Cotisatioun. – Postscheck 6644-48 – Spuerkeess 1000/7250-4 – BIL 4 100/9748.

Déi Flugziedelen, och Pechbiller, déi dorémmer an d'Bréifkéschte gestach gin, sin nüt vun der **Action Létzebuergesch**. D'Aactioun Létzebuergesch – Eis Sprooch verdaamt esou Aktiounen, déi némmen drop aus sin, fir l'riemenhaass, Sträit an Náid ze stéften an dem Létzebuergeschen nüt ze gutt kommen. D'Aerioun Létzebuergesch distanzéiert sech nach eng Kéier formell vun dene Manipulatiounen.

\* \* \*

D'Létzebuerger Scouten hun hir Positioun géintiwwer der Pechbiller-Aktioun: Ech si stolz Létzebuerger ze sin, geholl. Si distanzéieren sech ganz däitlech dovun. Hei hir Schlussätz vun hiem Schreiwas vum 29. 10. 1988:

Ganz däitlech distanzéieren d'Létzebuerger Scouten sech dowéinst vun der Pechbiller-Aktioun «Ech si stolz Létzebuerger ze sin» an och vun allen ähnlechen Aktiounen, déi hei zu Létzebuerg an där Richtung lancéiert gin.

D'Létzebuerger Scouten énnerstëtzen d'Pechbiller-Aktioun vun der JOC «*Mir brauchen een deen aneren! On a besoin les uns des autres!*» an invitieren hir Membren a Frénn sech un déser Aktioun ze bedelegen. Énnerschriwwen: Guy Weis, Commissaire général.

\* \* \*

D'Action Létzebuergesch as nüt frou driwwer, wann an der Revue (Nr. 48 vum 30. II. 88) d'Redaktioun kcen anere Kommentar fanne kann, wéi «Aber FELLES und Konsorten werden sich bestimmt freuen», well d'Ménsche-rechtscharta vum Robert Siuda an d'Létzebuergesch iwwersat gouf, déi fir d'éischt an «Eis Sprooch» an dono och am Courrier de l'Éduca-

tion Nationale erschéngen as. – Muss ee sech da schummen, wann déi Charta op lérzebuergesch iwwersat as gin? Et schéngt dës, no der Revue, soss hätt d'Revue dach nüt esou spëttesch kommentéiert.

\* \* \*

Dem Roger Manderscheid säi Roman «Schacko Klak» gët verfilmt. De Pol Kieffer an de Frank Feitler hun den éischte Präis domat kritt beim Kongkur fir en Dréibuch, deen de Kulturminister fir d'150 Jorfzier ausgeschriwwen hat. Et waren 12 Dréibicher ageschéckt gin. – De Präis vu 15 Milliounen (!) as als «Startkapital» fir d'Dreic vum Film geduecht.

D'Première as fir den Dezember 1989 geplangt. De Loschen Heng huet en Dréibuch nom «Verräter» vum Nik Hein geschriwwen, dat als Film de «Falschen Hond» gedréit gët.

\* \* \*

## D'Mimmche waart

Eng Mimmche sëtz um Graaf si waart,  
scho Joërc kënnt si hier.  
Si sëtz bis owends wéi am Gaart  
wéi wann doheem si wir.

Si kennt all Steen an och all Blumm  
weess och wien drënnner läit,  
Si liest den Datum an den Numm  
an denkt un d'Kannerzäit,

Zwee Kanter an e gudde Mann  
huet si scho laang verluer  
kee Ménsch méi deen si tréischte kann  
se huet sech dém Doud verschwuer.

Eng Léftche bréngt schon hei an do  
e wielecht Blietche mat  
eis Mimmche kuckt ganz treisch him no  
mä d'Loft hëlt si nüt mat.

Sou sëtz se roueg bis an d'Nuecht  
si dreemt a biet ganz fromm:  
Et läit o Här an dénger Muecht,  
So dach, nun, Mimmche komm.

*Vic. Robert*

# Rapport vun der Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch

De 25. Februar 1989 war déi 19. Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch. De Sall an der «Brasserie des Capucins» an der Beaumontsgaass, war bis op déi leschte Platz geféllt, wéi den Här Heng Rinnen, President vun der A.L., d'Leit begréisst huet. Eis Parteie ware vertrueden duerch d'Madame Erna Hennicot-Schoepges (CSV), den Här Carlo Meintz (DP) an den Här Al Schmitz (LSAP). Eis Frénn vun ARELERLAND A SPROOCH haten hire President, den Här Gaston Mathey, geschéckt.

Fir unzefänken huet de President alle Frénn a Membér vun der A.L. merci gesot, datt si sech Zäit geholl hun fir an d'Generalversammlung ze kommen. Domat géifen si den Intréssy un eiser Sprooch an un der Aarbecht vum Comité bewisen. Hien huet gemengt, eng Generalversammlung wär eppes wéi eng Generalbeicht, wou de Comité dene Leit, déi si gewiekt hun, muss Ausstreich gin iwwer dat, wat si am leschte Jor gelesen hun. Hätten si hir Saach gutt gemaat, da wir et un der Versammlung fir de Comité «dasszespreechen». Sou wiren d'Spillregelen.

De President huet dann un d'Häre Michel Rob a Jos Majerus erénnert. Den Här Rob war réischt d'lescht Jor an de Comité komm, an am Oktober '88 war hic ganz sténterlech vun aiségaang.

Den Här Jos Majerus war zénter zwee Jor Caisse-Kontroller, an hien huet aisé Dezember '88 fir émmer verlooss. Zu hirer Eicer, a fir all déi aner verstuerwe Membere vun der A.L., vun dene mir näisch wéssen, huet de President d'Versammlung gebidden ee Moment opzustoen.

Den Här Rinnen huet dann déi gutt Zesummearbecht am Comité énnerstrach. De Sekretären, dem Caissier an all dene Comitésmembere, déi hei bei der Aarbecht am Sekretariat oder op der Hierschtfoire eng Hand upaken, sot

hien e grousse Merci. Et wir einfach President ze spiller, wann een csou eng gutt Equipe hanerun sech hätt, huet de President gemengt.

De President, deen zegläich och Redakter vun der Zäitschrëft EIS SPROOCH as, war och frrou, datt d'lescht Jor dräi Nummeren erauskoumen. All dene Leit, déi ewell zénter Joren hir Artikelen an eiser Zäitschrëft publizéieren, sot hien e grousse Merci. Säi Wonsch wir et, wann een dës Zäitschrëft nach ausbaue kënnt. Aus deer Ursach wir et och gutt, wa mir nach méi Mataarbechter fir eis Zeitung géife fannen. Vun de Leit wollt hie gär héicren, wéi d'Zäitschrëft hinne gefällt a wat si soss nach gär vun Artikelen dran hätten.

A kürze Wiederer as de President dann op dee Mëssel agaang, deen der A.L. duerch d'FFELFS an déi sougenannt «Bewegungen» entstanen as, a wou d'A.L. vill ze dacks an ze licht mat dësen Organisationounen verwisselt gët.

«Ech wéll nüt op dat modernt Lëtzebuergesch agoen, dat mir haut dorémmer héieren», huet den Här Rinnen gemengt. «Wann et engem och nüt gefällt, datt verschidde Wiederer a Sätz esou dem Lëtzebuergeschen entgéint sin, da wäerde mir wuel nüt vill dergéint maache kënnten. Et 'lount' sech nüt, hcscht et modern, fir et 'rentiéiert' sech nüt. Iwregens as dat nüt némmen an eiser Sprooch esou; huelt mol d'Fransousen, wéi si sech géint dat modernt franséisch wieren.»

«Et kann ee soen: et geet och op lëtzebuergesch! Mir wéssen, datt mir ouni d'Héichsproochen nüt auskommen, a mir brauchen se. Mä dernieft eist Lëtzebuergesch halen a respektéieren, dat solle mir och.» Mat dése Wiederer huet de President séng Ried ofgeschloss.

«Keng Politik mat eiser Sprooch maachen», sot de Vice-President vun der A.L., den Här Lex Roth a sénger Interventioun. Hien huet nach eng Kéier betount, datt d'A.L. fir alles antrëtt

wat lëtzebuergesch as, awer apart fir eis Sprooch, grad wéi et an de Statute vum Veräin steert. Hien huet ganz däitlech énnerstrach, datt de Comité géint all Fanatissem as, an nüt zouléiss, datt Politik mat eiser resp. iwwer eis Sprooch gemaach gët.

D'A.L. géif sech besonnesch aus der Auslännerrépolitik eraus halen. Grad dowéinst wir jo d'FELLES an doraus déi aner zwou Bewegungen entstan. D'Grënnungsmémbér vun der FELLES ware jo Comitésmémenter vun der A.L., a well si nüt mat hiren Iddien an der A.L. duerckoumen, hun si en neie Veräin gegrünnt.

«D'A.L. schafft géint keen a géint näisch an och nüt géint eng aner Sprooch», sou den Här Roth.

An engem gutt geféllten Aktivitéitsrapport huet de Sekretär vun der A.L., den Här Lamy, opgezielt, wat alles am Jor 1988 am Comité geschafft gouf. De Veräin huet am Ablack ronn 2100 Mémenter. D'escht Jor war de Comité 8 mol beieneen.

**Publikatiounen:** d'escht Jor koumen dräi Nummeren vun eiser Zeitschrëft EIS SPROOCH eraus (d'Nr. 22, 23 a 24). Dobäi kommen och nach zwou Extra-Nummeren (d'Nr. 9 «de Kapp an de Stären» vum René Kartheiser an d'Nr. 10 «Kuerblummen um Lamperdsbierg gepléckt» vum J.-F. Gangler/a vum Här Tun Gonner an déi nei Schreibweis gesat). Géint Enn des Jors koum d'Extra-Nummer 1 «De Rick» vum René Kartheiser erëm an enger 2. Oplo nei eraus.

**Circulären:** am Mäerz an am November goung eng Circulär un all Mémenter vun der A.L. (d'Invitatioun fir d'Generalversammlung an eng Informatioun iwwer déi nei Glückwunsch- resp. Neijooschkaarten).

**Neijooschkaarten:** des Kaarte ware vum Här Pierre Barthel gezeichnet. Et war ewell déi 15. Kéier, datt d'A.L. esou Kaarten eraus gouf. 12000 Kaarte goufe gedréckt an déi meescht goufen och verkauft. Et ware Biller drop vun:  
– der Méchelskürrch um Fëschmaart an der Stad;  
– vun Déifferdang a – vu Rëmmerec.

**Glückwunschkaarten:** des Kaarte ware vum Här Josy Linkels gemoolt gin. Et ware Biller vum Knuedler an der Stad a vun der Kiirch am

Stadgronn. Vun dése Kaarte goufen 2x1000 Stéck gedréckt; si sin och esou gutt wéi vergräff.

**«Kommt mir l'éiere Lëtzebuergesch»:** dést Buch, wat an allen Owescouren fir Auslännner gebraucht gët, gouf am leschte Jor méi ewi 1000 mol verkauft, sou datt erëm 2000 nei Bicher nobestallt goufen. De Sekretär huet nach eng Kéier drun erënnert, datt am Ablack déi Lëtzebuergesch-Däitsch, Lëtzebuergesch-Portugiesesch a Lëtzebuergesch-Englesch Iwwersetzung vun désem Buch nach an der Aarbecht sin.

**Hierschtfoire 1988:** grad wéi déi Jore virdrun, hat d'A.L. och 1988 erëm en Informatiounstand op der Hierschtfoire.

Er koumen och des Kéier erëm ganz vill Leit bei als op de Stand fir sech iwwer eis Sprooch, eis Publikatiounen oder iwwer d'Owescouren fir Auslännner z'informéieren. Op der Foire konnte 45 nei Mémenter an d'A.L. opgeholl ginn.

**Versélwert Plaquette vum DICKS-RODANGE-LENTZ:** den 18. Mee 1988 huet de Comité dem Här Pir Kremer des Auszeichnung iwwerreecht, dést als kleng Merci fir séng grouss Verdéngschter fir eis Sprooch. Dést war déi 7. Kéier, datt d'A.L. des Auszeichnung iwwerreecht huet.

**Iwwerreechung vun enger bronze Plaquette vum DICKS-RODANGE-LENTZ un déi Leit, déi ewell zénter Joren Lëtzebuergesch-Couren fir Auslännner halen:** de 24. November 1988 huet de Comité esou eng Plaquette un 23. Leit iwwerreecht, dést als kleng Merci vun der A.L. fir dése Leit hir vill Méi an Aarbecht am Déngschter vun eiser Sprooch.

**Presskonferenz:** de 15. Juni 1988 hat de Comité d'Press invitierert fir nach eng Kéier klor an offe Positioun ze huelen an allem wat an dene Wocher a Méint virdrun iwwer eis Sprooch an eis Identitéit gesot a publizéiert gin as. Hei goung et haaptsächlech drëm, fir sech klor an däitlech vun der FELLES an denen aneren zwou Bewegungen ze distanzierieren. Fir des Presskonferenz huet de Comité och e Communiqué eraus gin, an deem en d'Positioun vun der A.L. an dése Froc klor énnersträcht (Eis Sprooch Nr. 23 / Sait 1).

**Concours fir Radios-Spiller op lëtzebuergesch:** an der Zäit vun Oktober '87 bis Mee '88 hat d'A.L. dése Concours ausgeschriwwen. No 1983 an 1985 war dést ewell deen 3. Concours, deen d'A.L. organisiert. Fir dése Concours goufen zesummen 13 Radios-Spiller vun 9 verschidden Auteuren ageschéckt. Enn September '88 war de Jury eng leschte Kéier beienseen fir d'Klassement vun désem Concours opzustellen. De Jury huet keen éischte Práis vergün; en zweie Práis goung awer un den Här Jhemp Hoscheit mat séngem Radios-Spill «Dräi Nimm pro Schung». Donieft huet de Comité och nach dem Här Hoscheit séng zweet Aarbecht «Ganz hinnen am Tirang» ofskaaft. De Jury huet soss kee Práis fir dése Concours vergün. Am Jury waren: d'Joffer M. Hermes (fir d'A.L.) an d'Hären Jacques Steffen, John Rinnen, Pol Schumacher, Pierre Puth, Tun Gonner a Jos Groben. D'Häre Steffen a Lamy hun d'Aarbecht am Sekretariat gemat.

**Concours an Zesummenaarbecht mat der Kannerzäitschrëft ZACK:** d'Froen, op déi d'Kanner eng Änwert gesicht hun, hun sech ém den Dicks, M. Lentz, M. Reuland, A. Liesch an W. Goergen gedréit. Fir d'A.L. hun d'Joffer Hermes an den Här J. Welter mat un désem Concours geschafft. D'A.L. huet 50 Kannerbicher a 5 bronze Plaquetten vum DICKS-RODANGE-LENTZ gestéft.

**Bréifdréiesch Kalenner 1989:** bei der Opstellung vum Kalendarium fir dése Kalenner hat eise Caissier, den Här Faber, d'Vangere mat am Spill.

**Käppchen fir den C.M. Spoo:** Bei Gelechtheit vum C.M. Spoo séngem 75. Doudesdag de 17. Mäerz, gét d'Post de 6. Mäerz '89 en extra Timber eraus. Op Ustuoss vun engem treie Membér vun der A.L., dem Här Ed. Tonnar vun Esch-Uelzecht, hat d'A.L. am November '87 dowéinst un de Postminister geschriwwen. D'A.L. war och der Menung, dat de Spoo déss kleng Éier méi wéi verdéngt hätt, well et war jo de Spoo, deen 1896 fir d'éischte Kéier eng Ried op lëtzebuergesch an eiser Châmber gehalen hat. E Facsimilé vun déser Ried steet an der Nr. 1 vun eiser Zäitschrëft EIS SPROOCH. Dés Nummer as nach émmer ze kréien (Práis: 30 Frang).

**D'Aarbecht dobaussen um «Terrain»:** de Sekréér huet gemengt, datt déi Aarbecht, déi vu jiddfer eenzelne Comitésmembér dobaussen um «Terrain» gelescht gét, wuel grad esou wichteg as, wéi d'Aarbecht am Comité selwer. Et sollen hei némmer déi sellechen Texter, Bicher, Broschüren asw. opgezielt gijn, déi d'Häre Rinnen a Roth nokucken an an déi richteg Schreifweis setzen. D'Joffer Hermes verbessert praktesch all Publikatiounen vun eise Guiden a Scouten.

Hei muss awer och dem Här Robert Siuda séng Iwwersetzung vun de Menscherechter ernimmt gijn. Donieft kommen dann déi Honnerte vun «Klenggeketen», déi den Här Siuda ewell zenter Joren am Tageblatt publizéiert. Zum Schluss sieft dann awer och nach un dem Här Roth séng Iwwersetzung vum «Tintin» a vum «Astérix» erénnert. Dést wir e gutt Beispill, sou den Här Lamy, wéi een op eng lëschreg a flort Manéier eis Sprooch léiere kënn, esougutt liesen wéi och schreiwen.

Zum Schluss vu séngem Rapport as den Här Lamy dann och nach op cenzel Bréif agaang, déi am Laf vum Jor un d'Ministéren, d'Gemeindeverwaltungen asw. geschriwwen goufen. Hien huet och gemengt et géif ze wéit féieren, fir hei all Klenggekeet opzeielen, déi d'Jor duereh am Comité erledegt gét.

A séngem **Caisse-Rapport** konnt de Caissier, den Här René Faber, mat groussen Zuelen opdéschen. D'Mémberskaarten hun der A.L. fir 1988 ronn 638 000 Frang erabruucht. Et goufe fir 240 000 Frang Zäitschrëften a Bicher verkaaft. Fir Neijooschkaarten a faarweg Gléckwonschkaarten koumen zesummen eng 200 000 Frang an d'Caisse. De Verkaf vum Buch «Kommt mir léiere Lëtzebuergesch», dat jo iwwer 1000× verkaaft gouf, huet aléng eng hallef Millioune erabruucht. Op deer aner Säit musst de Verain awer och iwwer 250 000 Frang fir Porto un eis Post bezuelen; fir Dréckereikäschten goung ronn eng ganz Millioune drop.

Am Numm vun de Caisse-Kontrolleren huet den Hugues Folscheid dem Här Faber séng Aarbecht gelueft an hien huet gemengt «do as dee richteg Mann op deer richteger Platz». Hien huet de Leit am Sall verséichert, datt, trotz deer viller Aarbecht, d'Bicher gutt an exakt gefouert sin. Aus deer Ursach huet hien d'Versammlung

dann och gefrot, fir dem Caissier sää Rapport unzchuelen an him Décharge ze gin, dat och geschitt as.

Den Här Folscheid a Kaell bleiwen Caisse-Kontroller. An d'Plaz vum Här Jos Majerus kënnt d'Madame Milly Thill.

**Neiwiel fir de Comité:** op der Austréts-lësch waren dëst Jor d'Jofferen Hermes an Tockert an d'Hären Delaporte a Philippart. Et waren och zwou nei Kandidaturen agelaf: déi vum Här Paschtouer Arthur-Joseph Reckinger an déi vum Här Tom Thies.

Aus beruffleche Grënn huet den Här Francis Delaporte awer op eng Platz am Comité verzicht; hic wëllt der Actioun awer och an Zoukonf mat Rot an Dot zur Säit stoen. Domat as de Comité crém komplett.

Am Comité vun der A.L. sin elo: d'Jofferen Hermes an Tockert, d'Häre Rinnen, Rorth, Siuda, Steffen, Faber, Meder, Reckinger, Thies, Philippart a Lamy.

**Cotisatioun 1990:** d'Versammlung as mat dem Vorschlag vum Comité averstan fir d'Corisatioun och 1990 bei 250 Frang ze loossen. D'Studente bezuelen 150 Frang; d'Veräiner an d'Gemenge bezuelen 350 Frang.

**Fräi Diskussioun:** no enger intressanter Diskussioun, wou Problemer wéi: Lëtzebuergesch am Radio an d'Verschampeléierung vun eise Vollekslidder an de Reklammen, eis Sprooch an de Geschäfter an an der Kiirch, wat hält d'A.L. vun deer neier «Actioun Solidaritéit», huet de President géint 16.45 Auer d'Generalversammlung opgeschucwen.

M. Lamy

## Gebiet vun enger Fra

Här ech kann nüt méi erdroen  
déi Wéischtheet vun méngem Mann,  
créischt gescht huet e mech geschloen  
datt ech nüt méi stoe kann.  
Looss zu Enn gon all méng Leden,  
z'räiss dat schrecklecht Band,  
huel bei dech cent vun eis beden –  
ech plënneren dann op d'Land.

Vic. Robert

## D'Owessonn

De Wand an de Reen  
hatten aus dem Dag  
eng däischter Hiel gemaach ...  
  
Mee well sech d'Sonn  
– géint der Owend –  
fir e klengen Ament gewisen huet,  
konnte mir e bloen Himmel  
mat an eis Dreem eran huelen.

René Kartheiser

Elo jhust erauskomm:

**René Kartheiser:**

*20 Joërs duerno 1968 - 1988*

Lgeverlag 1988. 164 Säiten; Lengent gebonnen

Präis 780 Frang.

Postscheck René Kartheiser 22459-52, Kontern

# Nei Bicher

**En neien Dixionär\***. – Et war den Arno Schmidt, dee bekannte däitsche Schrifsteller, deen de Begréff «Unsterblichkeit für Amatöre» an d’Welt gesat huet. Gemengt waren domat Lcit, déi sech nüt ze schued wieren – wa se souwissou keng professionell Onstierflecher kennent oder willte gin – fir hier Zait, hier Gedold an hier Gewëssenhaftegeet an den Dingscht vun de Wéssenschaften an allen anere Leit ginge stellen an denen déi Noschlöwierker gingen zur Verfügung stellen, déi dringend gebraucht gingc gin.

Déi Zort vun «Onstierflechkeet» kann den Henri Rinnen fir sech an Usproch huelen!

Scho virun enger Rei vu Joren huet hien – zesumme mam Will Reuland – e franséisch-létzebuergeschen Dixionär presentéiert, dee vill gebraucht gin as. Elo bréngt hien e ganzt neit Wierk – ganz eleng – eraus, dat kräfteg iwwerschafft an erweidert as – e Wierk, dat jiddferee vun eis Létzebuerger gutt gebrauche kann.

Ech hun natürléch nüt gezielt, wivill franséisch Wierder an dësem neie Buch dra sin, an den Auteur seet eis et a séngem Virwuert och nüt – ma et as eng impressionant Zuel, an et kann een esouguer d’Impressionen hun oder der Menung sin, datt et der zevill sin. Mä, dat as ganz sécher eng Fro, déi een eréisch richteg aschätze kann, wann ee weess, fir ween dat neit Buch eigentlech geduecht as.

Den Henri Rinnen – dat huelen ech jiddenfalls un – wollt eng méiglechst komplett Bestandsopnam virleën. Hie wollt en Dixionär erausgin, an deem een, wann ee vun egal wat fir engem franséische Wuert fortgeet, dat entspreechend létzebuergesch Wuert ging fannen. Hie wollt also en Dixionär maachen, dee fir all Zorte vu Létzebuerger gutt wier – souwuel fir Intellektueller, Technokraten, Politiker, Riedner, as ewéi fir ganz einfach Duerchschnëttsbürgen, denen dat létzebuergesch Wuert nüt afällt, oder

fir neigebake Létzebuerger, denen hir Mamme-sprooch dat Franséisch oder soss eng franco-phon Sprooch as.

Esou e Kompendium huet eng Kéier misse kommen – well eise gudde Létzebuerger Dixionär (a fénnef Bänn) jo ganz aner Zwecker huet – nämlech dat Létzebuergescht als Sprooch-bestand aus z’inventoriéieren an z’erklären.

Sin dann elo – wann ee weess, fir ween den Dixionär gemaach gouf – zevill Wierder dran erfaasst? Jo a neen! Dat heescht:

Den Amatör Henri Rinnen huet eng ganz pragmatesch Aarbechtsmethoud gewielt – bien hut sech e gudle franséischen Dixionär virgeknäppt an huet gläich séng Wuertziedelen ugeliugt. En huet also keng (oder kaum eng) Reflexiouen iwwer d’Fro verluer, ob dee Wuertbestand, deen e verschaffe sollt, allen Uspréch ging gerecht gin.

Do misst ee soën, datt dem Auteur séng Referenzwierker eng Grétz vereelst sin an datt deen Dixionären, déi méi rezent sin an och der franséischer Sproochentwicklung an de leschte Jorzingte Rechnung droën, nüt crugezur huet – an esou kennt et, datt een am Henri Rinnen séngem neien Dixionär elo eng Rei franséisch Wierder fént, déi ganz einfach «archaësch» sin, datt awer vill Neies, dat een haut dagdeeglech liest, nüt fanne kann – also dofir och nüt dat entspreechend Wuert fanne kann.

Wa mer scho beim Knoutere sin, da nach kuerz di Reflexiouen hei: Den Henri Rinnen kann nüt aus sénger Haut, an dat mierkt een och, wann een duerch sain Dixionär blickert. Zum Beispill gi Wierder aus dem Beräich Fauna a Flora (wou hec Spezialist as) an alle Variante bruecht, ma Wierder, déi mat Erorik ze din hun, figurieren esou knapp ewéi némme méiglech – grad ewéi wann de Létzebuerger do keng Phantasie hätt. Et schéngt mer ower, wi wann nüt all Iwwersetzung ganz richteg wier – dem franséi-

sche Wuert «libertaire», z.B. entsprécht dach op kee Fall dat Lëtzebuerger Wuert «Anarchist» – do wicre Formelen ewéi «Unhänger vun enger absoluter onbegrenzter Fräihet» resp. «Mensch, deen derfir antrëtt, datt d'Moralvirstellungen an dorriwwer craus d'Liewesregelen nüt definitiv fixéiert däerfe gin» ... – en «Anarchist» as jo éischter een, deen di bestehend Virstellungen a Regelen vu vir eran (aktiv oder passiv) bekämpft ... Mä, dat si Klenggeketen! An enger nächster Editioun, bei deer e puer Leit mat Wëssen a gesondem Ménscheverstand den Henri Rinnen berode sollten, dierften all Manko an all Feler behuewe gin ...

E Wuert nach driwwer, ob all Besoin lexikalscher Aart elo gedeckt as – mat grousem fënnef bännegem historesche Lexikon an eebännegem franséisch-lëtzebuergeschen esou, wéi et haut bestëet, geschwata geschriwwa gët, also vum «luxembourgeois fondamental» vu 1988/89 – mat Analysen iwver d'Liewegkeet vun désen a dene Wierder oder Wuertgruppen, iwver Neologismen (gudder a schlechter Aart) an iwver Mutatiounsgesetzer (déi keen ophale kann oder ophale wëlle soll ...). Esou e Wierk ka keen Eenzelne maachen – dat muss eng Equipe mat wëssenschaftleche Methoden a Méttelen ugoen. Di sproochwëssenschaftlech Sektion vun eisem «Institut Grand-Ducal» huet esou c'ppes wëlles – hoffe mer, dass se de richtegen Dréi kritt ...

Cornel Meder

\* Henri Rinnen: Dictionnaire Français-Luxembourgeois. Imprimerie St-Paul S.A., Luxembourg 1988. XLVIII – 1170 Säiten. 1650 Frang.

**D'Geschicht vu Lëtzebuerg a Bandes Dessinées.** – Editioun Jean Probst, L-1840 Lëtzebuerg, Tome I. 445 Frang, heescht den éisichte Band vun enger Geschicht vu Lëtzebuerg a Biller. Op 61 Säiten am Format 30×21 gët eis Geschicht vu 54 viru Christus bis 1443, wéi d'Burgunner koumen, a faarwege Biller duergestallt an textlech duerbruecht. D'Zeechnunge si vum Marc Angel, d'historescht Material vum Paul Margue, déi lëtzebuergesch Versioun vum Alain Atten (et gët och eng mat franséischem Text).

D'Editioun as an Zesummennaarbecht mat «Rosport» (Waasser) realiséiert gin, gedréckt an der St. Paulus-Dréckerei, Lëtzebuerg, 1988. Déi cenzel Kapitele sin: Indutiomar, d'Reimer man sech Meeschter hei – Willibrord, d'Gëigend gët krëschtlech – Sigfrid, dat éischt Haus Lëtzebuerg mécht sái Wee – Ermesinde, d'Grofschaft Lëtzebuerg geet énner a fankt frësch un – Hari de Siwenten, alles fir eng Käserkroun – Jhang de Blannen, Ritter bis an den Doud – Philipp de Gudden, d'Burgunner huelen d'Land. – Eng Kaart weist Lëtzebuerg am Europa vum spéide Méttelalter rëschent Musel a Meuse; Repères chronologiques (op franséisch) schléissen dat intressant Buch of, dat wuel héllef kann eis Geschicht kennen zc léieren. – Geplangt sin nach Band 2 an 3 vun der Geschicht vu Lëtzebuerg an d'Geschicht vun der Stad Lëtzebuerg. Da vun aneren Auteuren: D'Geschicht vun der Kürch zu Lëtzebuerg, alles mat Biller an Text.

hr

**De Superjhemp géint de Bommeleér** vum Lucien Czuga (Text) a Roger Leiner (Zeechnungen) as en anert Billerbuch (Comic strips), dat mat 46 Säiten an der Editioun Revue eraus komm as. Wie Spaass mat esou Geschichten huet fënt hei, wat e brauch.

hr

**Lëtzebuerger Komponisten – 125** Joër Lëtzebuerger Stadmusek, Jubiläumsschrëft vun der Lëtzebuerger Stadmusek, 1988. 423 Säiten am Format 30×24. Haarde plastifiziérerten Aband. 1600 Frang.

Mat désem monumental Buch huet d'Harmonie Municipale de Luxembourg e Wierk geschaf an erausgin, dat an der Geschicht an op désem Gebitt vun der Musek hei am Land bis elo nüt do as. Wann een nëmmen opzielt wat dran as gesäit een eréischt dee grousse Wäert vun deem Buch:

74 Lëtzebuerger Komponiste stellt de Léon Blasen hei vir mat allem, wat ee vun hinne wësse soll: Biographie a Kompositiounen mat 145 Fotoen a 77 Dokumenter. De Léon Blasen huet domat eng chronologesch Opstellung vun de

Museksleit hei am Land gemat fir déi hie vun 1936 u gesammelt huet an déi fir d'éischt am Télécran 1984 publizéiert gouf. Et kann ee soen, datt hie mat dene Portrië vun de Musécker a Komponisten eppes Femoleges geschafet huet, wéi et bis dohin nach nüt gebueden as gin. Et muss een déi Aier bewonnernen, déi de Léon Blasen hat fir dat zesummenzdroen, dat, wéi gesot, bis clo eemoleg as. Nach emol kuurz an Ziffere gesot: 74 Létzebuerguer Komponisten op 170 Säiten, 145 Fotoen, 77 Dokumenter, an op Létzebuergesch geschriwwen.

An engem (franséischen) Artikel «La musique au Luxembourg» gëtt de Guy Jourdain en Iwwerbléck iwwer d'Musekliwien a Létzebuerg vun Ufank u bis hautdésdaags.

D'Kapitel Blosmusécken zu Létzebuerg am Jor 1988 (155 Harmonien a Fanfaren, dovu 60 mat hirer egener Chronik a 50 Fotoen) gin engem wiirklech Ausstreech op deem Gebitt vum Musekliwien aus dem ganze Land.

D'Chronik vun der Stadmusek Létzebuerg vum Norbert Ehringer an Eugène Mackel (gehollef hun dohái nach Sonja Schmit an de Musekschef Guy Urbany) no Festbroschüren a Protekollregeschtere mat den Tätigkeetsberichter gëtt e komplett Bild vun der Stater Musek an hirem 125järege Liewen.

Et kann een dat monumentaalt, illustréiert Wierk nämme luewen, dat gutt presentéiert a bal ganz op lérzebuergesch (97%) geschriwwen as an der offizieller Schreifweis, vum Lex Roth nogekuckt, e Bewáis, datt et och op lérzebuergesch méiglech as münches schréftlech ze soen, wat bis dohi vu gewësser Sait bezweilt gouf.

E schéint, e wäertvollt Buch, dat all Musekfrénd sech uschafe misst, wann et bis elo nach nüt geschitt as, et deet him doudsécher nüt leed, zemol de Präis wiirklech fir dat Wierk niddereg as.

hr

## De Comité vun der Actioun Létzebuergesch

Präsident: Heng Rinnen, 32, Beschstrooss, L-1534 Létzebuerg, Tel.: 48 6137 (privat), 47 2312 (Natura);  
 Vize Président: Lex Roth, 32, Charles Quint Strooss, L-2380 Létzebuerg, Tel.: 47 8241 (Büro); Caissier: René Faber,  
 14, Barriärstrooss, L-1215 Létzebuerg, Tel.: 44 13 96 (privat), 47 0401 (Büro); Sekretär: Marcel Lamy, 18, Kellerei-Strooss,  
 L-6718 Gréiwemaacher, Tel.: 75 8389 (privat), 47 96-611 (Büro); Sekretär-adj.: Emile Steffen, 47, Riedgenerstrooss,  
 L-2432 Létzebuerg, Tel.: 48 6468; Membieren: Monique Hermes, 19-21, Webergäass, L-6792 Gréiwemaacher, Tel. 75 8094;  
 Cornel Meder, 69, Prénzebierg, L-4650 Nidderkuer, Tel.: 58 70 45; Robert L. Philippart, 92, Bd. de la Pétrusse,  
 L-2320 Létzebuerg, Tel.: 48 6216; Arthur Reckinger, 21, Bd. Jules Salentiny, L-2511 Létzebuerg, Tel.: 43 84 53;  
 Robert Studa, 14, Bd. Hubert Clemint, L-4064 Usch-Uelzecht, Tel.: 55 12 37; Tom Thies, 12, Baachstrooss,  
 L-3340 Hencheréng, Tel.: 51 63 24; Maisy Tockert, 45, Cyprien Merjai-Strooss, L-2145 Létzebuerg, Tel.: 43 12 72;  
 Redaktioune: H. Rinnen, Postkëscht 98, L-2010 Létzebuerg; Redaktiouns-Kommissioun: H. Rinnen, R. Studa,  
 M. Lamy, Monique Hermes



**Action Létzebuergesch**, Postkëscht 98, L-2010 Létzebuerg, Tel.: 47 0612  
 (Antwvertapparat)

Bredewee 21, (rue Large), L-1917 Létzebuerg

Cotisatioun: 250 Frang

Postcheck 6644-48 – Kont Spuerkeess (C.E.E.), Létzebuerg 1000/7250/4 –  
 Kont Interbank (B.I.L.) 4-100/9748

Verlag: AI., 21, Bredewee, L-1917 Létzebuerg

Drock: Kremer-Muller & Cie, L-3895 Féiz, Tel.: 55 79 79

# Wat huet d'A.L. bis elo erausgin?

Mir kënnen nach offréieren:

## d'Zäitschrëft «Eis Sprooch»

No 1-1972*	30 F	No 14-1982	70 F
No 2-1973	vergraff	No 15-1983	70 F
No 3-1973	vergraff	No 16-1984	70 F
No 4-1973	vergraff	No 17-1985	70 F
No 5-1974	vergraff	No 18-1986	70 F
No 6-1975	vergraff	No 19-1986	70 F
No 7-1976	vergraff	No 20-1987	vergraff
No 8-1977	70 F	No 21-1987	120 F
No 9-1978	70 F	No 22-1988	120 F
No 10-1979	70 F	No 23-1988	120 F
No 11-1980	70 F	No 24-1988	120 F
No 12-1981	70 F		
No 13-1981	70 F		

\*) Facsimilé, Ried vum C.M. Spoo 1896

## d'Extra-Serie

No 1 <b>De Rick</b> , 2. Oplo am Drock vum René Kartheiser	50 F
No 2 <b>«Ueter d'Jor»</b> , 2. komplétiert Oplo vum Heng Rinnen	150 F
No 3 <b>Stuelen</b> (Modeller) fir all festlech an aner Geleénheten, eis Uertschaftsnimm, Menuën, d'Schreibweis asw.	90 F
No 4 <b>«Grouss Vakanz»</b> Theaterstück vum Pol Greisch	80 F
No 5 <b>«Vu Wöllef, Afen, Quetschen a Kanner»</b> Concours 1984	300 F
No 6 <b>«Dem Prénz Muttwéll séng Rees an d'Mäercheland»</b> e Macrèchespill vum Edith Roeder, mat der Musik vum Louis Beicht, an d'Lettzebuergesch iwwersat vum Robert Siuda, Illustratiounen vum Pel Schlechter	300 F
No 7 <b>«Kuurzgeschichten»</b> Concours 1986	90 F
No 8 <b>Klengeketen</b> vum Robert Siuda	90 F
No 9 <b>De Kapp an de Stären</b> vum René Kartheiser, gebonnen	465 F
No 10 <b>Kuerblummens um Lamperberg gepléckt</b> vum J.F. Gangler (1788-1856) mat der Schreibweis vun haut vum Tun Gonner	+35 F Porto 90 F
<b>«d'Léierchen» (dem Léiweckerche säi Lidd)</b> M. Rodange Facsimilé an Transcripioun (1973)	250 F
d'Buch fir Létzebuergesch-Courien: <b>«Kommt mir lériére Létzebuergesch»</b>	500 F
déi 3 Cassetten déi zu desem Buch gehéieren (et kann een d'Buch oder d'Cassetten och eleng kafen).	945 F
Des Buch as fir de Moment nach nommen op franséisch ze kréien.	
d'Spëngel vun der A.L.	50 F
d'bronze Plaque	
vum Dicks-Rodange-Lentz	1.250 F

## Eis Gleckwonsch- an Neijooschkaarten

d'Neijooschkaarte mat Text 1983	
1014 Greinskappell	1044 d'Schibbreg
1034 Huermes	1114 Dummeldéng
1114 Dummeldéng	1144 Siwebueren
1134 Sennéng	1214 Réimech
1214 Réimech	1224 Mensbech
1234 Lechternach	1244 Clausen
d'Kaarte mat an ouni Text 1986	
1334 Zolwerknapp	1344 Schleifmillen
1987/88: Zeechnunge vum Jos. Besch, ouni Text	
1414 Brédewee mam Tur vun der Méchelskirch	
1424 Dummeldéng «an der Rumm»	
1434 Veianen (Schlass)	
1444 Hesper (Schlass)	
1988/89: Zeechnunge vum Pierre Barthel, mat an ouni Text	
1514 Méchelskirch um Feschmaart	
1524 Branebuerg, Ducrfpartie mat Buerg	
1534 Déifferdang, de Wäschbur	
1544 Rëmmereg, en ale Bauerenhaff de Präis vun dese Kaarten as	15 F d'Stëck
bei 100 Kaarte kriti cc se fir	11 F d'Stëck
Porto fir d'Kaarten:	
1 Serie (4 Kaarten)	18 F
3 Serien (12 Kaarten)	30 F
doriwwer	40 F

## Gleckwonschkaarten (ouni Text)

faarweg Fotoe vun Tableau-c vun der Joffer	
Lily Linden fir all Geleénheten	
112 an 122 2 Kaarten 1986 an 2 Kaarten 1987	
212 an 222 (Blummen)	30 F d'Stëck
faarweg Fotoe vun Tableau-e vum Josy Linkels	
312 an 322, 2 Kaarten 1988-89	30 F d'Stëck
(Kirch am Gronn, Maart um Knudler)	

## Gleckwonschkaarte fir Houchzäit oder Gebuurt

Zeechnunge vum O. Nalezinck	
4 verschidde Kaarten	15 F d'Stëck

D'Praisser déi mir ugin, si fir d'Membren.  
Schoulen, Gemengen, Veräinert oder Membren, déi am  
Grousse kafen, kënnne Rabatt kréien.

Bestelle kann een duurch Iwwerweisungen op ee vun  
eise Konten: Postscheck 6644 48

Spuerkeess 1000/7250-4 - BIL 4-100/9748

Schrift w.e.g. op are Virement/Versement gence  
wat dir wéllst an och d'komplett Adress.  
All Informationen kënnnt dir um Telefon 470612  
(Antwortapparat) kréien. Wa keen am Büro as,  
da so w.e.g. är Téléfonnummer, mir rufen lech  
dann erën.

Bestelle kënnnt dir och schrifftlech un eis Adress:  
Action Létzebuergesch

Postkësch 98, L-2010 Létzebuerg,

Iit kann een natirlech och séng Bestellung an eise  
Biro op Nummer 21 am Bredewee an der Stad  
ewechhuelen.

Am beschte freet een dofir c Rendez-vous.

D'Praisser, déi hei ugi sin, si Membrespräisser.

nët ze kléng fir  
grouss drécksaachen  
nët ze grouss fir  
kleng aarbechten

imprimerie **kremer-muller**&cie

foetz · zone industrielle · rue des artisans · téléphone 557979